ACEL

# DE STUDENTE GUIDE

EDITIOUN 2026/27

# DE STUDENTEGUIDE

## Deng Zukunft an engem Klick

AB ELO ONLINE

ENTDECK DENG MÉIGLECHKEETEN OP STUDENTEGUIDE.LU



- ORIENTATIOUN
- STUDIUM
- SCHAFFEN



# VIRWUERT

Léif Studentin, léiwe Student,

Wann s du dëse Guide an der Hand hues, dann heescht dat dass du eng wichteg Liewensetapp hannert dech bruecht hues. Elo wou s du deng Première gepackt hues, wëlls du villäicht studéiere goen. Egal ob zu Lëtzebuerg oder am Ausland, de Studium ass eng nei a spannend Zäit mat ville flotte Momenter an och villen Erausfuerderungen.

Den Ufank vum Studium ass ëmmer iwwerwältegend, grad och wat déi administrativ Demarchen an de verschidde Studieländer ugeet. Fir dir d'Liewe méi einfach ze maachen hu mir am Studenteguide déi wichtegst Begrëffer an Demarchen an de verschiddene Länner erkläert. Ausserdeem hu mir nach Kapitelen iwwert wichteg allgemeng Saache wéi zum Beispill d'Wunnengssich an d'Finanzéierung vum Studium integréiert. Mir hoffen, dass all dat dir hëlleft däi Studium optimal ze starten a wënschen dir vill Spaass an dengem neie Liewen als Student:in.

Dann ass un dëser Plaz och ee grousse Merci ubruecht un déi verschidden Institutiounen, esou wéi och un eis Cerclen, déi eis bei der Zesummestellung vun dësem Guide ënnerstëtzt hunn. Och ee grousse Merci dem ganzen ACEL Comité fir d'Hëllef beim Opstelle vun dëser aachter Editioun vum Studenteguide.

**Pit Feltes**
Vizepresident
Representatioun

# IMPRESSUM

de Studentevertrieder


| | |
|---|---|
| Editeur | Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL)<br><br>2, avenue de l'Université<br>L-4365 Esch-sur-Alzette<br><br>Tél.: 20 60 84 84<br>E-mail: contact@acel.lu<br>Internetsite: www.acel.lu<br>RCS Luxembourg F969 |
| Tirage | 6000 Exemplairen |
| Koordinatioun | Joao Borges, Pit Feltes,<br>Teo Schroeder, Sarah Stockreiser |
| Realisatioun | Gianni Di Paoli |
| Fotoen | www.unsplash.com<br>www.adobe.stock.com<br>www.pixabay.com |
| Editioun | 2026 |

# INHALTSVERZEECHNES


## 01 ACEL

7 Wat ass d'ACEL?

## 02 STUDÉIEREN

11 ... zu Lëtzebuerg
15 ... an Däitschland
19 ... a Frankräich
23 ... an der Belsch
27 ... an der Schwäiz
33 ... an Éistraich
35 ... an Holland
39 ... a Portugal
43 ... a Groussbritannien
47 ... an Irland
51 ... an den USA
55 ... a Kanada

## 03 STUDENTELIEWEN

59 Wunnengssich
63 Finanzéierung
67 Krankeversécherung
72 Stagen

## 04 CHANCE

75 Erasmus
77 Studéieren mat Beanträchtegung
79 Doktorat

ACEL

# 01



# WAT ASS D'ACEL?

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass den Daachverband vun de Lëtzebuerger Studentecerclen a vertrëtt Student:innen zu Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger Student:innen am Ausland. Zu den Haaptaufgabe vun der ACEL gehéiert et d'Schüler:innen an d'Student:innen aus dem Land iwwer déi verschidde Studiegäng ze informéieren, se reegelméisseg zesummenzebréngen a se duerch e permanente Kontakt mat deene verschiddene Ministèren, ze representéieren.

Aus engem Grapp voll engagéierte Student:innen, déi 1984 decidéiert hu, sech zesummen ze doen, fir besser gehéiert ze ginn, ass eng Associatioun ginn, déi net méi aus dem Lëtzebuerger Studentemilieu ewech ze denken ass.

Haut vertrëtt d'ACEL iwwer 45 Studentecerclen, déi duerch d'ganz Welt verdeelt sinn. Et fënnt ee se an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, zu Lëtzebuerg, an Éisträich, an der Schwäiz, a Groussbritannien, an Holland, an Irland an a Portugal. Dës Cerclen empfänken d'Lëtzebuerger Student:innen wärend hirer Studienzäit an hirer Studentestad a ginn de Student:innen d'Méiglechkeet, u flotten Eventer deelzehuelen.

Dernieft ginn et nach déi fachspezifesch Cerclen. Dozou gehéieren d'Medezins-, d'Ekonomies-, d'Droits-, d'Psychologies-, d'Archivistik/Bibliothekär-, d'Ingenieurs-, d'Historiks-, d'Sport-, d'Politikwëssenschafts-, d'Pedagogik- an d'Infirmiersstudent:innen.

Domat vertrëtt d'ACEL iwwer 10.000 Student:innen, wat si zum gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg mécht.

## MIR REGRUPPÉIEREN

Ee vun den ACEL hiren dräi Haaptziler ass et, d'Student:innen aus deene verschiddene Stied zesummenzebréngen. Dofir organiséiert d'ACEL all Joer verschidden Evenementer. Ee vun deene gréissten Eventer ass De Studentebal, deen all Joer am Juli stattfënnt. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditiounen aus deene verschiddene Studiestied zesummen.

E weidert Event ass den Tournoi de Noël, deen all Joer zesumme mat der LASEL um Geesseknäppchen am Dezember stattfënnt an deene verschiddene Studentecerclen d'Méiglechkeet gëtt, wärend zwee Deeg am Basket, am Volleyball an am Fussball géinteneen unzetrieden. Den Erléis dovu gëtt ëmmer fir de gudden Zweck gespent.

Op Ouschtersamschdeg organiséiert d'ACEL ëmmer e Quizowend wou d'Lëtzebuerger Student:innen géinteneen untrieden an hiert Wëssen ënner Beweis stelle kënnen. Op d'Gewënner-Equipe waarden ëmmer flott Präisser.

Och d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL), déi alljoers ronn 150 Lëtzebuerger Student:innen an enger europäescher Studiestad zesummebréngt, ass e wichtegt Evenement, dat d'Student:inne vereent.



## MIR INFORMÉIEREN

Der ACEL ass et wichteg, dat d'Schüler:innen an d'Student:innen iwwer hir Méiglechkeeten nom Lycée, wärend dem Studium esou wéi och no de Studien informéiert ginn. Fir dëst Zil ze erreechen, bréngt d'ACEL all Joer verschidde Publikatiounen eraus.

Dës Publikatioun "De Studenteguide" ass vollgepaakt mat Informatiounen zu Problemer déi engem Student:in am Alldag begéine kënnen, wéi zum Beispill Problemer mat Administratiounen an de verschiddene Studielänner. Dofir gëtt dëse Guide zanter 2020 un all Ofschlossschüler:in aus dem Secondaire verdeelt.

Säit 2025 gëtt et déi ganz nei Plattform studenteguide.lu déi eis fréier Publikatioune Guide du Futur Étudiant a Guide du Futur Diplômé ofléist. Hei fannen d'Schüler:innen all déi néideg Informatiounen iwwer déi verschidde Studiestied, wéi och iwwer déi verschidde Formatiounen, déi an deenen eenzelne Länner ugebuede ginn. Och wat d'selbststännegt Wunnen ugeet kann dës Websäit weiderhëllefen, wéi zum Beispill bei Froen zum neie Logement. Se gëtt de Student:innen awer och eng ganz Rei Informatioune mat op de Wee, déi hinnen de Start an d'Beruffswelt erliichtere sollen.

Fir de Schüler:inne bei hirer Entscheedung iwwert zukünfteg Studien ze hëllefen, organiséiert d'ACEL all Joer de Student fir 1 Dag, wou d'Schüler:innen d'Méiglechkeet hunn, mat Bus, Fliger oder Zuch an Stied bei e Studentecercle ze fueren a sech op der Plaz vun de Lëtzebuerger Student:innen d'Stad, d'Uni an aner Attraktioune weisen ze loossen. Säit véier Joer hunn d'Schüler:innen d'Méiglechkeet, an zwou Stied mam Fliger ze reesen. Säit dräi Joer fënnt dann och de fachspezifesche Student fir 1 Dag um Campus Belval statt, wou d'Schüler:innen




fir een Dag Präsentatiounen a Workshops an enger Fachrichtung besiche kënnen.

D'ACEL an hir Membercerclë sinn och all Joer op der Studentefoire vertrueden, déi am Oktober stattfënnt. Hei kréien déi zukünfteg Student:innen esou vill wéi méiglech nëtzlech Informatioune mat op de Wee an all hir Froen ronderëm d'Studéieren, beäntwert.

Donieft geet d'ACEL och reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert d'Land, fir d'Schüler:innen iwwert d'Studien ze informéieren. D'Schüler:inne kommen esou a Kontakt mat de Lëtzebuerger Student:innen a kënnen sech all hir Froen iwwert d'Studieliewe beäntwere loossen.

## MIR REPRESENTÉIEREN

Nieft dem Regruppement an der Informatioun vertrëtt d'ACEL d'Student:inne virun den Autoritéiten a verdeedegt hir Rechter. D'ACEL ass ideologesch a parteipolitesch neutral, dat heescht, dass si keng bestëmmt parteipolitesch Meenung vertrëtt. Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Student:innen ze representéieren, gerecht wëll ginn.

An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung, wéi och dem Aarbechtsministère.

D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëlleft och de Student:innen am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten.

Een Thema wat d'ACEL schonn ëmmer begleet a beschäftegt ass d'Bourse. Hei ass een am reegelméissegen Austausch fir d'Bourse un déi aktuell Erausfuerderunge vun de Student:innen unzepassen.

E weidere bedeitende Sujet ass d'Stagegesetz. 2020 ass dëst a senger éischter Form gestëmmt ginn, wat et erméiglecht huet de Stagë vu Schüler:innen oder Student:innen zu Lëtzebuerg e legale Kader ze ginn. 2023 gouf d'Stagegesetz eng éischte Kéier ugepasst.

Nieft dësen Theme beschäftegt sech d'ACEL awer och mat weidere fir d'Student:inne relevanten Themen, sief et den Transport an de Logement zu Lëtzebuerg, de Pensiounssystem oder de Rundfunkbeitrag fir der nëmmen e puer ze nennen.

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **acel.lu**

www.acel.lu

contact@acel.lu

ACEL-De Studentevertrieder

@acelluxembourg

acelluxembourg

ACEL-De Studentevertrieder

# STUDÉIEREN

# 02



# ... ZU LËTZEBUERG

## ERASMUS+ Programm

Ob s du Student:in zu Lëtzebuerg oder am Ausland bass, hei sinn nëtzlech Informatioune fir dech, wat den Erasmus+ Programm ugeet!


Am Kader vum Erasmus+ Programm kënne Student:innen wärend hirem Studium fir 2 bis 12 Méint op enger Partneruni am Ausland studéiere goen oder e Stage maachen. D'Méiglechkeeten hänke vum Studiegang an den Accorden tëscht der Uni an hire Partnerunien of.


Den Erasmus verlaangt eng gewëssen Organisatioun an eng gutt Virbereedung. Dofir fënns du hei d'Demarchen, déi s du maache muss, fir fortzegoen:

1. Däin Dossier mat Zäite virbereeden an areechen (meeschtens ronn 1 Joer am Viraus).
2. D'Lëscht vun de Partnerunien duerchkucken a kontrolléieren, wéi vill Plazen disponibel sinn.
3. Iwwerpréiwen, a wéi engem Semester s du fort kanns, a sécherstellen, dass et mam Studienplang iwwerteneestëmmt.
4. Dech iwwer d'Sproochkenntnisser, déi verlaangt ginn, informéieren (deelweis ass e Sproochentest néideg).
5. Eng valabel Krankeversécherung hunn (d'Carte européenne d'assurance maladie geet meeschtens duer).
6. D'Finanzéierung gutt plangen (Erasmus-Bourse; bei der Université de Luxembourg gëtt et eng finanziell Ënnerstëtzung jee no Land).
7. Mat denger Fakultéit kucken, wéi eng Coursen s du beleeë muss (Learning Agreement) a sécherstellen, dass deng ECTS-Punkten unerkannt ginn.

Wann s du an d'Ausland studéiere gees, kanns du wärend dëser Zäit d'Bourse de Mobilité vum Service Aide Financière (AideFi) beim Ministère fir Héischoul a Fuerschung (MESR) ufroen ënnert der Konditioun dass s du och e Mietvertrag hues.

Wann s du een Austausch an der Schwäiz maache wëlls, leeft dësen net iwwer den Erasmus-Programm, mee iwwer de Swiss-European Mobility Program (SEMP). D'Organisatioun an d'Prozedure sinn dem Erasmus-System ganz änlech (Learning Agreement, ECTS, finanziell Ënnerstëtzung), mee d'Finanzéierung kënnt vun der Schwäiz an d'Konditioune fir dës kënnen deelweis anescht sinn.





**Follgend Informatioune bezéien sech ob den Eramus-Programm vun der Uni.lu**

Op der Uni.lu ass een Auslandssemester bis zum Ofschloss vum Bachelor obligatoresch. D'Bachelorstudent:inne kënne meeschtens am 3., 4. oder 5. Semester en Erasmus maachen. Dofir muss een awer am 1. Semester mindestens 15 respektiv 10 ECTS-Punkte gepackt hunn.

D'Masterstudent:inne kënnen nëmmen am 3. Semester an den Erasmus goen. Heifir muss een säin Erasmus-Projet erareechen, deen dann evaluéiert gëtt.

Fir d'Student:inne fënnt eng Informatiounsveranstaltung am Ufank vum Semester statt (2. Donneschden am November). Am Mäerz gëtt een dann dräi Choixen un, wou een am léifste géif higoen. Dono kritt een e Formular per Mail geschéckt, deen ausgefëllt muss ginn. Déi responsabel Persoun vum Studiendepartement verdeelt d'Plazen op Basis vun de Punkten (Enn März bis Abrëll).

Wann den Dossier da vun der Uni, op där ee studéiert, accordéiert gouf, muss een sech op där Uni umellen, wou een hi wëll. De kompletten Dossier muss

selwer un d'Gastuni geschéckt ginn. E Learning Agreement (oder online Learning Agreement) gëtt fir mindestens 30 ECTS-Punkten ausgefëllt. Dëst Dokument muss vum Responsablen aus dem Studiendepartement a vun der Hostuniversitéit ënnerschriwen ginn.

Am éischte Mount vum Erasmus kann de Learning Agreement nach geännert ginn, wann et néideg ass. All Ännerung muss och erëm vu béiden Universitéit accordéiert ginn.

Wann d'Sprooch vun de Coursen eng aner ass wéi d'Mammesprooch, muss een un enger Language Evaluation deelhuelen. Erreecht een dobäi e Sproochniveau ënner B2, dann ass d'Participatioun u Sproochecoursë virun a wärend dem Erasmus obligatoresch.

## WUNNENG - Am Kader vum Erasmus-Programm vun der Uni.lu

D'Uni këmmert sech net ëm d'Wunnengssich. Du muss dech also selwer ëm en Ënnerdaach an deem Land këmmeren, wou s du däin Erasmus méchs.

Vill Unien hunn awer eege Studentewunnengen oder Residenzen, déi si Erasmusstudent:innen zur Verfügung stellen. Well och hei d'Unzuel limitéiert ass, ass et wichteg, frei genuch unzefroen, fir esou eng Plaz ze kréien. Am beschte mells du dech dofir direkt bei der jeeweileger Uni.

Méi Informatiounen zum Erasmus+ Programm vun der Uni.lu fënns du hei:

https://www.uni.lu/en/mobility/outgoing-student-mobility/erasmus/

## GRATIS ËFFENTLECHEN TRANSPORT

Säit dem 1. Mäerz 2020 ass den ëffentlechen Transport fir jiddereen zu Lëtzebuerg gratis.

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**



ALIMENTATION MODE, SANTÉ, HYGIÈNE MÉCANIQUE **CONSTRUCTION & HABITAT**



( Signé par un·e Maître Artisan·e )

# L'ARTISANAT FAÇONNE, **LA MAÎTRISE SIGNE.**

Le **Brevet de Maîtrise** s'adresse aux passionnés désireux d'exceller dans leur savoir-faire, de créer leur entreprise et de transmettre leur empreinte unique.

**INSCRIPTIONS DU 1er JUIN AU 15 AOÛT**

Témoignages et informations sur le **Brevet de Maîtrise**

**CHAMBRE DES MÉTIERS**
**BREVET DE MAÎTRISE**

brevet.cdm.lu



# ... AN DÄITSCHLAND

Déi meescht Lëtzebuerger Student:innen studéieren an eisem Nopeschland Däitschland. Egal ob s du no un der Lëtzebuerger Grenz oder méi wäit fort wëlls studéiere goen, dës Informatioune kënne wärend dengem Studium an Däitschland nëtzlech sinn!

## FEINSTAUBPLAKETTE (ËMWELTPLAQUETTE)

Fir d'Loftqualitéit ze verbesseren, ginn ëmmer méi Stied op de Wee vun enger Ëmweltplaquette. An Däitschland ass et déi sougenannt "Feinstaubplakette". Dës kanns du bei all TÜV kafen (5-20€ jee no TÜV) oder beim ACL bestellen (17,50€ resp. 9,50€ fir Memberen). Ouni Ëmweltplaquette drot e Bousgeld vun 100€. Beim TÜV kritt een se direkt op der Plaz ausgestallt. Beim ACL kann et bis zu zéng Schaffdeeg daueren, bis een se huet. Jee no der Schuedstoffklass vum Auto kritt een eng gréng, eng giel oder eng rout Plaquette ausgestallt, mat där een da mat sengem Auto an déi jeeweileg Stad kann erafueren. Déi däitsch Stied akzeptéiere just nach déi gréng, mat der Ausnam vun Neu-Ulm, déi och déi giel akzeptéieren.

Du kanns dech och beim ACL iwwer déi verschidde Plaquetten informéieren an dës och direkt bei hinne bestellen.

Méi Informatioune zu der Ëmweltplaquette fënns du um Internetsite:

https://www.umwelt-plakette.de/de/

## KFZ

Ëmmer erëm gi Student:innen, déi en Auto mat enger lëtzebuergescher Autosplack hunn, an Däitschland ugehalen a kréie virgeheit, Steieren ze hannerzéien. Dat ass allerdéngs net de Fall, vu dass si Steieren zu Lëtzebuerg bezuelen. Des Weidere si

Student:innen, déi just fir ze studéieren an Däitschland sinn, also do op enger Uni oder Héichschoul ageschriwwe sinn, vun der KFZ-Steier befreit a mussen där keng do bezuelen. Falls du e Bréif vun der Police oder dem Hauptzollamt kriss, mam Virworf, dass du Steieren hannerzitts, kanns du follgend Schrëtt ënnerhuelen:

1. Op de Bréif vun der Police an/oder dem "Hauptzollamt" äntweren. Op eisem Internetsite fënns du d'Virlag fir de Bréif, deen s du just nach mat dengen Donnéeën ausfëlle muss: acel.lu/kfz

2. Un dëse Bréif muss du dann nach follgend Dokumenter unhänken:
   - E Certificat de résidence vu Lëtzebuerg
   - Eng Kopie vun der groer Kaart
   - Eng Kopie vun der Assurance
   - Eng Kopie vun der Vignette fiscale
   - Deng Umeldungsbescheinigung vun der Uni



3. Alles zesummen (wa méiglech perséinlech) bei der Police, respektiv beim "Hauptzollamt" ofginn. Wann s du weider Froen hues oder et zu Problemer sollt kommen, kanns du dech per E-Mail iwwer d'Adress contact@acel.lu bei eis mellen.

## VERFLICHTENDEN HAAPTWUNNSËTZ


Laut dem däitsche Gesetz bass du als Student:in verflicht däin "Erstwohnsitz" an denger Studentestad unzemellen, wann s du do eng Wunneng hues. Du muss awer drun denken, dass du dech net zu Lëtzebuerg ofmellen dierfs, well s du soss däin Urecht op d'Krankeversécherung verléiers. Du hues also ab deem Moment zwee Haaptwunnsëtzer, wat gesetzlech kee Problem ass. Eventuell kriss du, nodeems du dech ugemellt hues, Post vum Beitragsservice fir de Rundfunkbeitrag. Vun där Steier kanns du dech awer befreie loossen, wann s du d'Sozialbourse kriss (weider Informatiounen dozou fënns du ënner dem Punkt "Rundfunkbeitrag").

## WARMMIETE/KALTMIETE

Wien an Däitschland eng Wunneng lount, gëtt gezwongenermoosse mat de Begrëffer "Kaltmiete" a "Warmmiete" konfrontéiert.

Kaltmiete: Dëse Montant setzt sech nëmmen aus de Käschten zesummen, déi ee fir d'Wunneng un de:d' Proprietär:in bezuele muss an hänkt souwuel vun der Gréisst vun der Wunneng, ewéi vum Quadratmeterpräis of.

Warmmiete: Dëse Montant setzt sech aus der "Kaltmiete" an den Niewekäschten zesummen. Zu den Niewekäschten zielen d'Waasser, d'Heizung, Versécherungen, Fraise fir d'Offallentsuergung, ewéi och méiglech Käschten, déi fir d'Botzpersonal ufalen, fir dass dat gemeinschaftlech Zonen am Appartementshaus botzt (Trapenhaus, Lift, etc). Oft ass et esou,



dass du dech selwer ëm de Stroum, den Internet an den Telefon muss këmmeren. Dës Käschte sinn also net an der "Warmmiete" mat abegraff. Vu dass dëst also vu Fall zu Fall anescht ass, rode mir dir, éier s du de Kontrakt ënnerschreifs, beim:bei der Proprietär:in nozefroen, wat an der "Warmmiete" mat abegraff ass.

## RUNDFUNKBEITRAG

An Däitschland gëtt et de sougenannte "Rundfunkbeitrag". Dës Käschte setzen sech souwuel aus Radios- wéi och Televisiounsfraisen zesummen. Et muss een deen och bezuele, wann ee keng Televisioun an/oder och kee Radio doheem huet. D'Käschte leien aktuell bei 18,36€ pro Mount, mee kënnen zu all Moment vun der däitscher Regierung no ënnen oder uewe geännert ginn. Soubal du dech an denger Studiestad ugemellt hues, kriss du e Bréif wou steet, weis du virgoe muss fir de Rundfunkbeitrag ze bezuelen. Du muss also keng extra Schrëtt ënnerhuelen.

Am Moment ass eng Befreiung just fir déi Studenten:innen méiglech déi eng Bourse Sociale kréien. Falls dat bei dir de Fall ass, kanns du follgend Schrëtter ënnerhuelen:

1. Als éischt brauchs du e "Nachweis zum Antrag auf Befreiung von der Rundfunkbeitragspflicht für Studierende aus dem Großherzogtum Luxemburg". Den Héichschoulministère leet dëst Dokument direkt bei de gielen Ziedel, deen deng Bourse confirméiert, dobäi. Wann dat net de Fall ass, kanns du en Ziedel per E-Mail iwwer d'Adress aidefi@mesr.etat.lu ufroen. An der E-Mail muss Follgendes stoen: däin Numm, deng Reference interne oder deng Matricule a fir wéi ee Joer de Certificat soll sinn.

2. Op de Site vum Rundfunkbeitrag goen : www.rundfunkbeitrag.de/index_ger.html

3. Do op "Kontaktformular" an dann op "eine Frage zu meinem Beitragskonto stellen" klicken. (net op "Befreiung oder Ermäßigung beantragen" klicken)

4. Deng perséinlech Donnéeën ausfëllen an d'Bäitragsnummer net vergiessen.

5. Am Feld "Ihre Nachricht" solls du dann uginn, dass et sech bäi denger Ufro em een "Antrag auf Befreiung aufgrund eines besonderen Härtefalls" handelt a kuerz erklären, dass du zu Lëtzebuerg eng Sozialbourse kriss, an déi néideg Dokumenter fir d'Befreiung heimat zoukomme léiss.

6. Am Feld "Datei anhängen" de gescannte Formulaire vum Héichschoulministère eroplueden an d'Ufro ofschécken.

## BEFREIUNG VUN DER KRANKEVERSÉCHERUNG

Oft froen d'Unien eng Umeldung bei enger däitscher Krankekeess. Dëst brauchs du awer als Lëtzebuerger Student:in net ze maachen, well s du eng europäesch Krankekeesskaart ("Carte européenne d'assurance maladie") besëtz an dofir europawäit verséchert bass. Du muss dir just vun enger däitscher Krankeversécherung bescheinege loossen, dass du zu Lëtzebuerg verséchert bass. Heifir gees du mat denger Krankekeesskaart einfach an iergendeng Agence vun enger däitscher Krankekeess (zum Beispill d'AOK) a frees no engem Ziedel, dee bestätegt, dass du befreit bass. Bei de meeschten Unien si sou Filialen an der Géigend, mee du kanns awer och kuerz iwwer d'Grenz fueren (z. B. op Tréier) falls du grad nach zu Lëtzebuerg bass. Dësen Ziedel kanns du da bei der Uni areechen.

Wann s du engem Studentenjob nogees, kann et sinn, dass däin Employeur dech freet, fir eng däitsch Krankeversécherung nozeweisen. Allerdéngs ass et esou, dass du als Lëtzebuerger Student:in keng däitsch Krankeversécherung brauchs, wann s du manner ewéi 603€ de Mount mat dengem "Minijob" verdéngs. Wann s du méi verdéngs, muss du awer eng Krankeversécherung an Däitschland hunn, fir agestallt ze ginn.

## DÄITSCHE BANKKONT

Bei verschiddenen Telefons- an Internetubidder kann ee just mat engem däitsche Kont seng Rechnunge bezuelen. Oft kann een och just mat engem däitsche Kont säi Loyer a seng aner Chargë bezuelen. An deene meeschte Fäll gëtt de Montant souguer automatesch vum Kont ofgebucht. Hei rode mir dir einfach, bei iergendenger däitscher Bank ee Kont opzemaachen. Dofir muss du deng Umeldungsbescheinegung mat op d'Bank huelen. Wichteg ass just, dass ëmmer genuch Geld um Kont ass, fir dass d'Zomme vun denge Rechnungen och all Mount kënnen ofgebucht ginn.

## GRENZKONTROLLEN

Am Kader vun der Migratiounspolitik vun der däitscher Regierung goufe rëm Grenzkontrollen und der däitscher Grenz agefouert. Virun allem Busser ginn oft un der Grenz kontrolléiert. Wann s du an sou eng Kontroll geréits ass et wichteg, dass du e gültegt Identitéitsdokument (Pass oder Carte d'identité) dobäi hues, sos kann et sinn, dass du net dierfs an Däitschland areesen an däin Transportmëttel verloosse muss. Rechen dofir och ëmmer, grad bei Busreesen, méi Zäit an.

## DEUTSCHLANDTICKET

Mam Deutschlandticket kanns du a ganz Däitschland mam ëffentlechen Transport (Bus, Tram, Regionalzich) fueren. Wichteg ze soen ass, dass du mat deem Ticket net kanns mat Schnellzich (ICE,TGV...) fueren. Zënter 2026 kascht et am Normalfall ronn 63€ de Mount, mee fir Student:innen gëtt et meeschtens eng méi bëlleg Variant iwwer d'Uni (ongeféier 30–45€ de Mount, jee no Uni a Stad).

Du kriss den Ticket entweder online als Abo (z. B. iwwer d'App vun engem Verkéiersverbond) oder direkt iwwer deng Universitéit als sougenannten "Semesterticket". Bei villen Unien ass den Deutschlandticket Deel vun den Aschreiwungsgebühren, sou dass du en automatesch kriss, wann s du un der Uni immatrikuléiert bass.

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**



# ... A FRANKRÄICH

Ob s du niewent dem Eiffeltuerm oder beim Europaparlament studéiers, och a Frankräich ginn et Besonneschkeeten, vun deenen s du an dengem Alldag als Student:in solls wëssen. Lies dofir dës Informatiounen duerch!

## VIGNETTE CRIT'AIR (ËMWELTPLAQUETTE)

Fir d'Loftqualitéit ze verbesseren, ginn ëmmer méi Stied op de Wee vun enger Ëmweltvignette. A Frankräich heescht d'Ëmweltvignette CRIT'Air. Se ass a bestëmmten Zone vu Frankräich obligatoresch. An deenen Zone kann de Verkéier zu bestëmmten Dageszäiten ageschränkt ginn. Du kanns d'Vignette online bestellen. D'Ausstellen dauert ongeféier 3 Wochen, de Präis leit tëscht 3€ a 4€. All weider Informatioune fënns du ënnert www.certificat-air.gouv.fr, wou s du och deng CRIT'Air-Vignette bestelle kanns oder beim ACL.

## PÉAGE

A Frankräich muss du op villen Autobunne Péage bezuelen, fir do fueren ze dierfen. Mat dëse Sue ginn d'Stroossen erneiert an ënnerhalen.

Wann s du duerch e Péage fiers, kanns du dëse mat enger Visaskaart bezuelen, wat relativ séier geet, oder mat Borgeld, wat e bësse méi laang dauert.

Wann s du dech beim Péage net onbedéngt wëlls an d'Rei stellen, kanns du dir och en Télépéage-Badge ufroen. Mat deem kanns du duerch déi Barrièrë fueren, déi extra fir den Télépéage reservéiert sinn. Jee no Ubidder ginn et verschidde speziell Offere fir Jonker/ Student:innen. Beim Ubidder "Bip&Go" gëtt et eng speziell Offer fir Leit ënnert 26 Joer, déi hire Führerschäin net méi laang ewéi 1 Joer hunn. Hei ass de Badge dat éischt Joer gratis, dat heescht dass du d'Frais-de-gestion (16€ pro Joer) an d'Mise en Service (10€) net bezuele muss.

Du kriss dann all Mount eng elektronesch Rechnung zougeschéckt, wou de Präis vun de Faarten duerch de Péage drop steet. Dëse Bip&Go kanns du och ganz einfach beim ACL kafen (Kontaktinformatiounen fënns du ënnert dem Punkt "Vignette Crit'air").

Méi Informatioune zum Péage kriss du op follgendem Site:

https://www.bipandgo.com/abonnement-telepeage-particuliers/jeune/

## ËFFENTLECHEN TRANSPORT (TGV)

Fir net ëmmer musse mam eegenen Auto an d'Studiestad ze fueren, kanns du och den TGV huelen. Mëttlerweil fiert den TGV vu Lëtzebuerg aus op Metz, Stroossbuerg, Lyon, Paräis, Montpellier, Lille, Rennes, Bordeaux a Valence.

Billjeeë kanns du ganz einfach online op www.sncf.com kafen. Mir roden dir allerdéngs un, däi Billjee laang genuch am Viraus ze kafen, well do d'Präisser fir den TGV nach méi bëlleg sinn.




Du kanns dir och bis 27 Joer eng "Carte jeune" zouleeën, mat däers du vu Reduktiounen op den TGV-Billjeeë profitéiere kanns. Dës kascht 49€ pro Joer. Wichteg ass, dass du dës ëmmer muss op denger Rees virweise kënnen.

Weider Informatiounen zur Carte jeune fënns du ënnert:

www.oui.sncf/train/carte-abonnement-train

Niewent der Carte Avantage gëtt et och nach d'Carte Fluo Jeune, eng Reduktiounskaart fir TER Fluo-Tickets am Grand Est. Mat där Kaart kritt een ongeféier 50 % Reduktioun op säin Ticket wärend engem Joer, an d'Kaart kascht ronn 20 € pro Joer fir Leit ab 26 Joer, an 10 € fir Leit ënner 26 Joer.

Dës Kaart ass eng gutt Méiglechkeet fir Student:innen, déi dacks a no ugeluechte Stied wéi Stroossbuerg, Metz, Nanzeg oder soss am Grand Est studéieren.

Weider Informatiounen zur Carte Fluo fënns du ënnert:

https://www.sncf-connect.com/catalogue/description/grand-est-carte-fluo-jeune

## FINANZIELL HËLLEF VUN DER CAF

A Frankräich kënne Student:innen eng staatlech finanziell Hëllef fir hire Loyer, bei der CAF (Caisse d'allocations familiales) ufroen. Dëse Montant läit ongeféier tëschent ronn 80 an 200€ de Mount an ass ënnert anerem ofhängeg vum Loyer vun denger Wunneng. D'Hëllef vun der CAF kanns du ganz einfach iwwer den offiziellen Internetsite ufroen (www.caf.fr).

Op dësem Site fënns du och Informatiounen zu den Dokumenter, déi s du brauchs, fir d'Hëllef unzefroen.

Wann s du d'Demarche gemaach hues an all déi néideg Dokumenter ofgeschéckt hues, wäert d'CAF mat dengem Proprietaire a Kontakt trieden, fir bestëmmten Dokumenter ze bestätegen. Do ass et wichteg opzepassen, dass däi Proprietaire hinnen och äntwert, well soulaang dat net geschitt ass, kriss du deng CAF net accordéiert.

### CONTRIBUTION DE VIE ÉTUDIANTE ET DE CAMPUS (CVEC)

CVEC steet fir "Contribution de vie étudiante et de campus" an ass e Betrag vun 105€ fir d'akademescht Joer 2025/2026, deen d'Student:innen, déi eng Formation initiale am Enseignement supérieur a Frankräich maachen, all Joer musse bezuelen. Dëse Betrag muss virun der Aschreiwung bezuelt ginn.

Dëse Betrag kritt een net vum Service Aide financières vum Ministère fir Héichschoul a Fuerschung rembourséiert.

Méi Informatiounen zu der CVEC fënns du um Site ënnert:

cvec.etudiant.gouv.fr

### FRANSÉISCHE BANKKONTO AN HANDYSNUMMER

Fréier huet ee fir d'Rechnunge bei verschidden Televisiouns-an Internetprovider ze bezuelen, e franséische Bankkonto gebraucht. Genee esou kënnen och de Loyer an/oder aner Chargen dacks just vun engem franséische Konto ofgebucht ginn, oft souguer automatesch.

Mëttlerweil huet sech dat geännert. Wéinst der EU-SEPA Reglementatioun, däerfen Ubbidder keng franséisch IBAN méi verlaangen. Vill lëtzebuergesch Student:inne kënnen hautdesdaags alles iwwer hire lëtzebuergesche Konto reegelen. Trotzdem kann et an eenzelne Fäll nach zu praktesche Schwieregkeete kommen.

Wann s du net onbedéngt wëlls e franséische Konto opmaachen, ass et recommandéiert, dech am Viraus ze informéieren (beim Proprietaire, Stroumubidder, Internetprovider, ...), ob eng lëtzebuergesch IBAN akzeptéiert gëtt.

Falls s du dech awer entscheets, e franséische Bankkonto opzemaachen, muss de normalerweis däi Contrat de bail als Justificatif de domicile matbréngen. Wichteg ass, dass ëmmer genuch Geld um Konto ass, fir dass d'Rechnungen all Mount kënnen ofgebucht ginn. Vill Banke bidde fir Student:innen Konten ouni Kontofraise un.



Et lount sech also, d'Offeren ze vergläichen an sech am Viraus ze informéieren.

A Frankräich ass et och esou dass een oft eng franséisch Handysnummer brauch fir Internetabonnementer oder och Gas a Stroumabonnementer kennen ofzeschléissen. Dofir ass et gutt sech hei am Viraus ze informéieren, fir dass een Zeit huet, sech eng franséisch Handysnummer ze maachen.

## ENG WUNNENG A FRANKRÄICH FANNEN


Et gi verschidden Optiounen, fir eng Wunneng a Frankräich ze fannen, mee et ginn och wichteg Saachen, op déi s du oppasse muss.

Eng klassesch Méiglechkeet ass iwwert eng Agence ze fueren. Do hues de normalerweis manner Risikoe, mee et komme meeschtens Agencefraise dobäi (frais d'agence), déi gesetzlech gereegelt sinn.

Du kanns och iwwer Plattformen ewéi leboncoin.fr oder aner Annoncesäite sichen, wou Privatleit Wunnengen ubidden. Hei ass awer Virsiicht gebueden, well et leider reegelméisseg Fake-Annoncë gëtt:

1. A Frankräich ass et verbueden, Sue fir eng Appartement-Visitt ze froen. Wann een dech freet, am Viraus oder sur Place fir eng Visitt ze bezuelen, kanns de bal sécher sinn, dass et sech ëm eng falsch Annonce handelt.





2. Schéck net am Viraus däi kompletten Dossier (Carte d'identité, RIB, Revenue, ...) iwwer eng Plattform. Dat kann zu Vol d'Identité féieren. Wann e Proprietaire deng Eligibilitéit am Viraus wëll préiwen, kanns de eenzel Dokumenter schécken, mee ni direkt alles op eemol, an nëmmen iwwer eng seriéis Plattform.

Eng weider Méiglechkeet ass, dech beim Lëtzebuerger Cercle vun denger Studentestad ze mellen. Oft hëllefen sech Studenten ënnerenee bei der Wunnengssich oder ginn Informatioune weider, wann eng Wunneng fräi gëtt.

Et ka sinn, dass e Proprietaire e franséische Garant verlaangt (eng Persoun, déi fir dech bezilt, falls et Problemer mam Loyer gëtt). Dat ass legal! An deem Fall ass et meeschtens am einfachsten, no enger anerer Wunneng ze sichen. Alternativ ginn et och staatlech Garantie-Systemer ewéi "Visale" oder "Garantme.fr"

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**



# ... AN DER BELSCH

Och an der Belsch ginn et eng Rei Saachen, déi s du als Student:in wësse muss. Mir hunn dir déi wichtegst Informatiounen zesummegefaasst, fir dir däi Liewen an der Belsch ze vereinfachen.

## ÉQUIVALENCE VUM DIPLÔME

Fir an der Belsch (Fédération Wallonie-Bruxelles) kënnen ze studéieren, ass eng Équivalence vum lëtzebuergesche Secondaires-Diplom obligatoresch. Dëst ass eng offiziell Attestatioun, déi bestätegt, dass däin Diplom aus dem Ausland als gläichwäerteg mam belsche Secondaires-Diplom unerkannt gëtt. Ouni dës kann een sech net definitiv op eng Universitéit oder Héichschoul aschreiwen.

D'Demande muss all Joer bis spéitstens de 15. Juli agereecht ginn, entweder per lettre recommandée oder sur place beim zoustännege Service zu Bréissel. Wann een dës Demande per Courrier mécht, kann et e puer Méint daueren, bis een eng Äntwert kritt.

Als Alternativ gëtt et am Prinzip all Joer d'Méiglechkeet, d'Équivalence zu Lëtzebuerg an der Maison de l'Orientation ze maachen. Dofir muss een am Viraus online e Rendez-vous huelen (normalerweis ab Mëtt Mee), woubäi d'Plaze ganz limitéiert sinn a séier fort sinn. Wann een eng Plaz kritt, kann een de kompletten Dossier sur Place ofginn an d'Équivalence meeschtens méi séier kréien.

Am Allgemenge schreift een sech schonn op der Uni an, ier een d'Équivalence kritt huet, well d'Prozedur deemno vill Zäit an Usproch hëlt. D'Unien an d'Héichschoule wëssen do Bescheed an dat ass am Prinzip ni ee Problem. Soubal een d'Équivalence kritt, muss een se dann no reechen.

Méi Informatiounen zu de Konditiounen an der Prozedur fënns du op der offizieller Säit:
https://equivalences.cfwb.be/equivalences-secondaires

## ZONE DE BASSES ÉMISSIONS (ËMWELTPLAQUETTE)

Fir d'Loftqualitéit ze verbesseren, féieren ëmmer méi Stied an der Belsch sougenannt Low Emission Zones (LEZ) an. Dës Zonen hunn als Zil, méi ëmweltfrëndlech Gefierer ze favoriséieren. Wann däin Auto net den Ufuerderungen entsprécht oder net registréiert ass, kann et séier deier ginn.

Aktuell betreffen dës Zonen ënner anerem Bréissel, Antwerpen a Gent. An Zukunft ginn dës Reegelen nach verschäerft an op aner Regiounen ausgebaut, besonnesch an der Wallonie. All Automobilist, deen an esou eng Zon erafuere wëll, muss säin Auto am Viraus registréieren, och wann en den Normen entsprécht.

Méi Informatiounen dozou fënns du hei:

https://www.acl.lu/fr/voyages-organises/preparer-un-depart/belgique-zones-environnementales/

D'Reegele ginn an de kommende Joren méi streng. Zënter 2026 däerfen an der Reegel Dieselautoen ënner Euro 5, Bensinnsautoen ënner Euro 2 a Motoen ënner Euro 3 net méi a verschidden LEZ erafueren. Ab dem 1. Januar 2027 ass an der Wallonie d'Aféierung vun enger eegener Ëmweltzon geplangt. Betraff sinn ënner anerem Autoen (M1) a Camping-caren. Des Weidere gëllt dann e Verbuet fir Gefierer mat Euronorm 0 bis 3 (Diesel, Bensin, LPG, GNC). Autoen déi am Ausland registréiert sinn, mussen op de respektive Sitten ugemellt ginn.

Wann een dës Reegelen net respektéiert, riskéiert ee Strofen tëscht 150€ an 350€.

Fir en detailléierten Iwwerbléck iwwer d'Reegelen kanns du och hei nokucken:

https://www.green-zones.eu/fr/produits/belgique

## SEUIL DE RÉUSSITE

Säit dem akademesche Joer 2022-2023 ass den "Décret Paysage" a Kraaft.

Méi Informatiounen zu dëser Reform fënns du ënnert follgendem Link:

www.mesetudes.be/decret-paysage/

Mir hunn dir awer déi wichtegst Informatiounen hei eraus geschriwwen. De Bachelor Studium besteet am ganzen aus 180 ECTS-Punkten (och nach Credits genannt). All eenzelt Joer besteet dann aus 60 ECTS-Punkten. Um Enn vum 1. Joer si follgend Situatioune méiglech:

- Du hues 60 ECTS Punkte validéiert: Du kënns normal an dat zweet Joer mat all de Coursë vum 2. Joer.
- Du hues tëschent 55-59 ECTS Punkte validéiert: Coursë vum nächste Joer kënne geholl ginn, awer net méi wéi 65 ECTS, an du muss eng Ufro stellen, fir offiziell an dat 2. Joer gelooss ze ginn.
- Du hues tëschent 45-54 ECTS Punkte validéiert: Coursë vum nächste Joer kënne geholl ginn, awer net méi wéi 60 ECTS (1. an 2. Joer zesummen), an du muss eng Demande erareeche fir deng gewielte Fächer ze validéieren.
- Du hues tëschent 30-44 ECTS Punkte validéiert: Coursë vum nächste Joer kënne geholl ginn, awer net méi wéi 60 ECTS, an du muss eng Demande erareechen an en Jury muss denge gewielte Fächer zoustëmmen.
- Du hues tëschent 1-29 ECTS Punkte validéiert: Coursë vum nächste Joer sinn net méiglech, an eng Remediatiounsaktivitéit ass obligatoresch. Du kanns deng 31-59 ECTS vum Joer nohuelen.

Dann ass et och wichteg ze wëssen, dat ee fir all Examen eng Nott vu mindestens 10/20

brauch. Eng Gesamtmoyenne iwwert 10/20 geet an der Belsch leider net duer. Et ginn och "Co-requis" an "Pré-requis". Co-requis bedeit, dass verschidde Fächer zesumme gepackt musse ginn, fir d'ECTS-Punkten ze kréien. Wann nëmmen ee Fach gepackt gëtt, ginn d'Punkten net ugerechent. Pré-requis bedeit, dass ee fir e bestëmmt Fach kënnen ze beleeën, fir d'éischt en anert Fach erfollegräich ofgeschloss muss hunn. Dat hänkt vun der Unité d'Enseignement of, gëtt awer ëmmer kloer am Ufank vum Semester kommunizéiert.

Eng zweet grouss Ännerung vum neien Décret Paysage sinn d'"Règles de finançabilité". Deng "Finançabilité" ass deng Kapazitéit weiderhi vun denger Uni finanzéiert ze ginn. Dës gëtt gerechent andeems ee kuckt wéi vill ECTS Punkten du dëst Joer, esou wéi och déi Jore virdru gepackt hues. Dat ass awer meeschtens eng personaliséiert Rechnung. Dat eenzegt wat fir dech wichteg ass, ass dass een 2 Joer Zäit huet fir déi 60 ECTS Punkte vum 1. Bachelor Joer ze validéiere fir weider finanzéierbar ze sinn.

Mat 165/180 gepackten ECTS-Punkten aus dem Bachelor ass et méiglech, e Master Studium unzefänken. Et muss een awer dofir am selwechte Joer, wéi een de Master ufänkt, déi 15 ECTS Punkten nohuelen an dat geet och nëmmen, wann een de Master op der selwechter Uni mécht. Ausserdeem dierf däi Joer net méi wéi 60 ECTS hunn, Bachelor- a Master-Coursen zesummen. Falls een awer fir de Master d'Uni wiessele wëll, muss een all Cours mat op d'mannst 10/20 gepackt hunn, dat heescht, et muss een déi 180 ECTS Punkte gepackt hunn.

Weider Informatiounen zum Seuil de réussite fënns de och op:

www.enseignement.be/index.php?page=23812



## ZUCHTRANSPORT LËTZEBUERG – BELSCH

D'Belsch, besonnesch d'Unisstied Namur, Bréissel a Léck, ass ganz gutt mam Zuch vu Lëtzebuerg aus z'erreechen. Et ginn dobäi zwou Haaptverbindungen: iwwer Arel an iwwer den Norden (Gouvy / Troisvierges). Béid Optioune ginn am Stonnentakt bedéngt a maachen et relativ einfach, tëscht Lëtzebuerg an der Belsch ze pendelen.

Fir Student:inne, déi dës Streck méi dacks fueren, lount et sech, déi sougenannt "Train+" ze huelen. Dëst ass en Abo dee 4€, respektiv 32€ pro Joer kascht an een doduerch fir all Faart maximal 5,50€ bezilt. Soumat stellt den Zuch eng séier a bëlleg Alternativ duer fir an d'Unisstad ze kommen.

Alternativ kann een och normal Zuchticketen online oder op all Gare kafen. Dobäi soll een oppassen, dass ee fir Reesen, déi zu Lëtzebuerg ufänken, iwwer d'Plattform b-europe bucht, wärend Verbindunge bannent der Belsch (zum Beispill Arel–Bréissel) iwwer d'SNCB gebucht ginn. Fir aktuell Informatiounen zu Verspéidungen, Quaien oder Ausfäll ass d'CFL-App eng ganz zouverlässeg Hëllef an normalerweis ëmmer um neiste Stand.

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**


lalux
ASSURANCES
Den éischten Assurancë-Package
fir Studenten
easyPROTECT Discover
www.easydiscover.lu



# ... AN DER SCHWÄIZ

D'Schwäiz ass fir vill Lëtzebuerger:innen e beléift Studieland. Och hei hu mir dir déi wichtegst Informatiounen zesummegesicht, mat deenen s du méi einfach duerch däin Alldag kënns.

## AUTOSVIGNETTE


Fir an der Schwäiz kënnen op der Autobunn oder den Nationalstroossen ze fueren, brauch een eng Vignette. Dës Vignette kascht 48 Schwäizer Frang (CHF), an et kritt ee se op der Grenz oder beim ACL ze kafen. Se ass fir dat ganzt lafend Joer a bis den 31. Januar vum nächste Joer gëlteg. (Beispill: E-Vignette fir 2026: gëlteg vum 1. Dezember 2025 bis den 31. Januar 2027)

Méi Informatiounen zur Vignette fënns du ënner:

www.ch.ch/de/autobahnvignette

## ZOLL

Wann ee mat sengem Auto an d'Schwäiz wëll eran oder erausfueren, muss ee sech beim Transport vu Liewensmëttelen, Déieren a Planzen u verschidde Virschrëften halen. Bis op verschidden Ausname kënnen all déi Liewensmëttelen importéiert ginn, déi net als Déiereprodukter agestuuft sinn. Heibäi muss ee just d'Wuerewäertgrenz vun 150 Schwäizer Frang (CHF) beuechten.



## LIEWENSMËTTEL

Bei follgende Produiten däerf ee just eng gewësse Quantitéit an d'Schwäiz importéieren. Wann een eng gréisser Quantitéit dobäi huet, muss een Douanestaxe bezuelen. Eng einfach Method, fir d'Wuere korrekt ze verzollen, ass per App (www.quickzoll.ch). Ier een an d'Schwäiz areest, gëtt een d'Quantitéit vun all de Wueren un, déi een ze verzollen huet. D'App berechent dann, wéi vill een nach bezuele muss. D'Quantitéiten, déi erlaabt sinn, an d'Unzuel vun de Persounen déi mat engem reesen, ginn do mat betruecht. Doniewent gëtt et nach d'Méiglechkeet, d'Wueren op der Grenz selwer unzemellen.

| PRODUIT | MAX. QUANTITÉIT/ PERSOUN / DAG | ZOLL FIR ZOUSÄTZ-LECH QUANTITÉIT |
|---|---|---|
| Fleesch, Fësch a veraarbecht Fleesch (ofgesinn vum Wëld) | 1 Kilo | bis 10 kg: 17 CHF/kg<br>méi wéi 10 kg: 23 CHF/kg |
| Botter oder Ram | 1 Kilo/Liter | 16 CHF pro kg/Liter |
| Fett, Ueleg a Margarine | 5 Kilo/Liter | 2 CHF pro kg/Liter |
| Gedrénks mat engem Alkoholsgehalt bis zu 18% vol.* | 5 Liter | 2 CHF pro Liter |
| Gedrénks mat engem Alkoholsgehalt iwwer 18% vol.* | 1 Liter | 15 CHF pro Liter |
| Gedrénks mat engem Alkoholgehalt bis zu 0,5% vol. gëllt net als alkoholescht Gedrénks. | | |
| Zigaretten/Zigaren* | 250 Stéck | 0,25 CHF pro Stéck |
| Aner Tubaksproduiten* | 250 Gramm | 0,10 CHF pro Gramm |
| Nikotinhalteg Flëssegkeeten | 250 Milliliter | 0,25 CHF pro Milliliter |
| Elektronesch Eeweezigaretten | 25 Stéck | 2,50 CHF pro Stéck |

*nëmme Persounen iwwer 17 Joer





## HAUSDÉIEREN

Hënn, Kazen a Frettercher däerfe mat an d'Schwäiz geholl ginn. Follgend Viraussetzunge musse just erfëllt sinn:

- D'Déier brauch en offiziellen Impfpass
- D'Déier muss en Chip oder eng gëlteg Tätowéierung hunn (Dat muss virun der Tollwutimpfung sinn)
- D'Déier muss géint Tollwut geimpft sinn (D'Impfung muss mindestens 21 Deeg al sinn an däerf net méi laang wéi e Joer zréck leien, oder déi Dauer déi de Veterinär festgeluecht huet).

## PLËNNEREN

Wann s du fir d'éischt an d'Schwäiz plënners, däerfs du theoretesch dat mat iwwer d'Grenz huelen, wat dir och virdru gehéiert huet a wat s du an der Schwäiz fir ze wunne brauchs. An der Reegel muss alles, wat méi nei wéi 6 Méint ass, verzollt ginn. Douaneskontrolle gi bei der Arees mam Auto, mam Zuch, mam Bus a mam Fliger gemaach. Et ass och méiglech, dass een an der Schwäiz selwer ugehalen a kontrolléiert gëtt.

## PLANZEN

Verschidde Planzen däerf een net mat an d'Schwäiz huelen.

Eng Iwwersiicht fënns du ënner dësem Link:

www.cites.ch

## AUTO AN DER SCHWÄIZ

Soubal een e Wunnsëtz an der Schwäiz huet (et zielt den Datum vum Auslännerausweis), däerf een nach ee Joer laang mat sengem lëtzebuergesche Führerschäin an der Schwäiz fueren. No engem Joer ass de Führerschäin an der Schwäiz net méi gëlteg. Dann huet een zwou Méiglechkeeten:

**1) Bewilligung zum Benutzen eines unverzollten Fahrzeuges (Zollbewilligung 15.30)**

Dëst muss ee beim Zoll ufroen, an et kritt een et an der Reegel och geneemegt, wann een ugëtt, dass een op d'manst zwee mol de Mount zréck op Lëtzebuerg fiert. Dofir brauch ee follgend Saachen:

- e Pass/eng Carte d'identité
- d'Pabeiere vum Auto (Gro Kaart)
- den Auto muss op ee selwer ugemellt sinn (net op d'Elteren oder soss e Familljemember)
- e Certificat de scolarité
- en Auslännerausweis
- e Certificat de résidence vu Lëtzebuerg
- 25 CHF
- e Contract de location vun denger Wunneg an der Schwäiz

Ass dëst bis gemaach, däerf een an der Schwäiz just nach mat sengem eegenen Auto fueren a soss dierf keen op dësem Auto fueren. Allerdéngs brauch een dann eng Geneemegung, fir mat sengem lëtzebuergesche Führerschäin an der Schwäiz fueren ze kënnen. Dës Demande gëtt vum Zollamt un d'Strassenverkehrsamt virugeleet, dat engem déi entspriechend Pabeieren dann zouschéckt. Do muss du dann nach eng Kéier 120 CHF bezuelen. D'Autorisatioun kriss du heemgeschéckt an du solls déi och zu all Moment bei dir hunn.

## 2) Ëmschreiwe vum Lëtzebuerger Führerschäin an e Schwäizer Führerschäin

Et kann ee säi Lëtzebuerger Führerschäin an e Schwäizer Führerschäin ëmschreiwe loossen. Jee no Kanton, kann een dat nach bis zu fënnef Joer nom Areesen an d'Schwäiz maachen. Et muss een dofir en Aentest bei engem Aendokter/ Optiker an der Schwäiz maachen, e Formular ausfëllen a säi Führerschäi beim Strassenverkehrsamt ofginn. Dat ganzt kascht ongeféier 120 CHF. Dono kritt een de Schwäizer Führerschäin heem geschéckt. De Lëtzebuerger Führerschäin gëtt weider op Lëtzebuerg geleet.

Weider Informatiounen, fënns du follgende Site ënner dem Thema "Führerausweis":
strassenverkehrsaemter.ch

Et ass méiglech, dass een nach zousätzlech Fuersécherheetstraininge muss maachen (änlech wéi zu Colmer-Bierg). Wann s du däi Führerschäin den Dag vun der Arees scho méi laang wéi ee Joer hues, muss du kee Fuersécherheetstraining maachen. Am anere Fall muss du ee maachen. Dëst ass onofhängeg dovunner, wéi laang ee schonn an der Schwäiz ass oder säi lëtzebuergesche Führerschäi schonn huet, wann een de Führerschäin ëmschreiwe léisst. De Cours kascht tëschent 300 a 400 CHF. Wichteg ass, dass ee mat engem Schwäizer Führerschäin innerhalb vun der Schwäiz just nach däerf mat Autoe fueren, déi an der Schwäiz immatrikuléiert sinn (wann z. B. d'Eltere mat engem Auto, deen zu Lëtzebuerg immatrikuléiert ass, op Besuch kommen, däerf een net dorop fueren!). Fir säin Auto an der Schwäiz ze immatrikuléieren, muss een en importéieren, an zwar andeems een eng TVA vu 7,7% um Akafspräis oder dem



aktuelle Maartwäert bezilt. D'Schwäizer verstinn hei kee Spaass. Wann een no engem Joer mat sengem lëtzebuergesche Führerschäin duerch d'Schwäiz fiert, gëtt dëst ugesinn, wéi wann ee kee Permis hätt. Des Weidere muss een och eng héich Geldstrof bezuelen, wann een net mam richtegen Auto ënnerwee ass an een dobäi erwëscht gëtt.

## ËFFENTLECHEN TRANSPORT

D'Schwäizer Zuchnetz ass extrem effizient, esou dass ee vill Plaze mam Zuch erreeche kann. Allerdéngs sinn d'Zuchbilljeeë relativ deier, esou dass mir dir roden, dir de sougenannten "Halbtax"-Pass zouzeleeën. Dëse kascht 120 CHF fir Jugendlecher tëschent 16 a 25 Joer an 190 CHF fir Passagéier iwwer 25 Joer (Stand Abrëll 2025) an erlaabt et dir, Zuchbilljeeën zu engem méi bëllege Präis ze kafen.

Eng Alternativ wier den "GA Night", deen 99 CHF d'Joer kascht, a mat deem een tëschent 19:00 a 5:00 Auer ouni weidere Billjee den Zuch huele kann. Dëst gëllt awer just fir Jugendlecher ënner 25 Joer.

## PERMIS DE SÉJOUR / AUSLÄNNERAUSWEIS

All auslännesch:e Student:in muss ee Permis de séjour (B-Schäin) besëtzen. Dëse kascht 65 CHF. Fir esou ee Permis de séjour ausgestallt ze kréien, muss ee sech beim zoustännege "Service de la population" vu sengem Wunnuert mellen a folgend Dokumenter mathuelen:

- e Certificat de scolarité
- e gëltege Pass oder eng Carte d'identité
- eng Attestatioun vun den Elteren, dass si fir de Studium opkommen

Et kann een och eng Passfoto mathuelen. Wann ee keng dobäi huet gëtt eng Foto op der Platz gemaach.



## SCHWÄIZER FRANG (CHF)

An der Schwäiz gëtt a Schwäizer Frang bezuelt. Dës Wärung kanns du dir ganz einfach bei all Lëtzebuerger Bank besuergen. Du muss hei just drun denken, d'Suen 2-3 Deeg am Viraus ze bestellen, fir sécher ze sinn, dass du se zur Zäit kriss. Et kann een awer och mat senger lëtzebuergescher Bancomatskaart Suen an der Schwäiz ophiewen an och mat der Visa- oder Bancomatskaart an de Geschäfter bezuelen. Wann s du an engem Geschäft mat denger Kaart bezils, kënns du am beschten ewech, wann s du a Schwäizer Frang bezils (du kanns dat um Kaartenapparat auswielen).

Méi Informatiounen zum aktuelle Cours de change fënns du ënner:

https://www.spuerkeess.lu/fr/particuliers/outils/cours-de-change/

Et ass vu Virdeel ee Schwäizer Bankkont mat enger Bancomatskaart ze hunn. Dësen ass fir Student:innen och gratis. Et bezilt ee Wieselfraisen, wann ee Suen ob de schwäizer Kont schéckt, allerdéngs vermeit een sou all Kéier déi Fraisen ze bezuele wann ee mat enger Lëtzebuergescher Kaart bezilt.

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**

# Déi ganz Eldo-Welt och an der Eldo-App!

GET IT ON **Google Play**

Download on the **App Store**

## Radio

## Giveaway

## News

Eldo 4 Real

Picture Report

Podcast & Replay

Events

Charts




## Lauschter och eise Podcast!

Follow us on Social Media




# ... AN ÉISTRÄICH

Obwuel Éisträich net grad ëm den Eck läit, fanne vill Lëtzebuerger Student:innen de Wee bis dohin. D'Informatiounen, déi s du onbedéngt wësse muss, wann s du an Éisträich studéiers, fënns du hei!

## AUTOSVIGNETTE

An Éisträich ass ee verflicht, eng Vignette ze kafen, fir kënnen iwwer déi éisträichesch Autobunn ze fueren:

- 1 Dag Vignette: 9,60€; 3,80€ (Moto) (nëmmen digital → ASFinag)
- 10 Deeg Vignette: 12,80€ ; 5,10€ (Moto)
- 2 Méint Vignette: 32,00€ ; 12,80€ (Moto)
- 1 Joer Vignette: 106,80€ ; 42,70€ (Moto)



Et ginn zwou Méiglechkeeten esou eng Vignette ze kafen:

1. Et geet een op eng Tankstell oder bei den ACL selwer, an et keeft een eng physesch Vignette déi een sech an den Auto pecht. Déi Vignette ass direkt gëlteg an et kann een direkt op d'Autobunn fueren. (Fir 2026 kann ee fir d'leschte Kéier eng Klebevignette kafen, ab 2027 ginn et da just nach digital Vignetten. Déi digital Vignettë sinn un d'Kennzeeche vum Auto gebonnen.)
2. Et kann een awer och eng digital Vignette kafen, déi een op der ASFinag (éisträicheschen ACL) fënnt. Déi trëtt awer réischt 18 Deeg nom Kaf a Kraaft.

Méi Informatioune zu der Ëmweltplaquette fënns du um Internetsite:

https://www.asfinag.at/maut-vignette/vignette/digitale-vignette/

Eng Joresvignette ass 14 Méint laang gëlteg, déi aktuell gëllt vum 1. Dezember 2025 bis den 31. Januar 2027. Dorobber muss ee beim Kaf vun enger Joresvignette oppasse, well si net ab dem Kafdatum gëlteg ass. Wann een d'Joeresvignette also réischt am September 2026 keeft, bleift se trotzdeem just bis den 31. Januar 2027 gëlteg. D'Vignettë fir zwee Méint an 1 Joer si beim Online-Kaf och réischt no 18 Deeg gëlteg. D'Vignettë fir 1 an 10 Deeg kënnen online och mat enger direkter Gëltegkeet kaf ginn. Déi verschidde Vignettë kritt een op der Grenz oder beim ACL.

## MELDEFLICHT

Laut Gesetz besteet an Éisträich eng Meldeflicht. Wann s du méi wéi dräi Méint an Éisträich wunns, muss du dech um Gemengenamt oder um Bezierksamt (fir Wien) umellen. Dëst muss du an Zäit vun dräi Deeg, nodeems du an deng Wunneng erageplënnert bass, maachen. Dofir brauchs du deng Carte d'identité an och den ausgefëllten Umeldungsformulaire.

Ënner dem follgendem Link fënns du den Umeldungsformulaire:

www.oesterreich.gv.at/formsearch/form/233

Zousätzlech brauch ee bei engem Openthalt vu méi wéi 3 Méint eng "Anmeldebescheinigung" déi als Beweis fir en Openthaltsrecht, an Éisträich, funktionéiert. Dëst Dokument ass ënnerhalb vun den éischte 4 Méint bei der zoustänneger Administratioun unzefroen.

Weider Informatiounen zu dëser Prozedur fënns du iwwert de Link:

https://www.oesterreich.gv.at/de/themen/menschen_aus_anderen_staaten/aufenthalt/4/2/Seite.120810

Hei fënns du och nach weider Informatiounen zu der Umeldung:

www.oesterreich.gv.at

Et ass recommandéiert sech fir déi 2 Saachen e RDV um Site ze huele fir laang Waardezäiten ze vermeiden.

## ORF-BEITRAG

An Éisträich gëtt et de sougenannten "ORF-Beitrag". Dës Käschte setzen sech aus Radio- an Televisiounstaxen zesummen. Aktuell ass ee vun dësem Bäitrag befreit, wann ee seng Wunneng an Éisträich als Niewewunneng ugemellt huet. Wann ee seng Wunneng als Haaptwunneng ugemellt huet, si just déi éisträichesch Student:innen, déi eng Studiebäihëllef an Éisträich kréien, vun dësem Bäitrag befreit. Dëst bedeit, dass net éisträichesch Student:innen dozou verflicht sinn, dëse Beitrag ze bezuelen.

D'Taxeflicht fänkt den éischten Dag vum Mount un, ab deem een ugemellt ass. Hei ass et dann och egal ob s du eng Televisioun oder e Radio hues. Bei Froe kanns du dech zu all Moment per Mail (contact@acel.lu) bei eis mellen.

## KFZ

Et ka virkommen dass Lëtzebuerger Student:innen an Éisträich vun der Police ugehale ginn oder ee Bréif kréie wou da behaapt gëtt dass si hiren Auto missten am Land vun hirem Studium umelle.

Hei gëllt déi nämmlecht Demarche wéi op der Säit 16 (KFZ Däitschland).

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**



# ... AN HOLLAND

Holland ass eng Studentendestinatioun, déi ënnert de Lëtzebuerger Student:innen ëmmer méi beléift gëtt. Doduerch dat ee quasi all Studiegang op Englesch maache kann, studéiert een och mat Mënschen aus der ganzer Welt. Seng Studien awer ganz op hollännesch, respektiv an engem engleschsproochesche Studiegang seng Examen op hollännesch wëll schreiwen, geet och, mee bedéngt. Hei fënns du Informatiounen, déi fir e Studium an Holland wichteg ze wësse sinn!



## TESTER ALS VIRAUSSETZUNG

**Sproochnoweis (IELTS, TOEFL, asw.):**

Fir an Holland studéieren ze kënnen, ass et wichteg, dass een e gudden Niveau am Engleschen huet. Dat gëllt souwuel am Mëndlechen, am Liesen, ewéi och am Schreiwen. Fir dës Kenntnisser nozeweisen, gëtt op munchen Unie mol e Sproochentest gefrot. Meeschtens gëtt den IELTS an den TOEFL-Test (&TOEFL IBT Home edition) vun den hollänneschen Universitéiten akzeptéiert. Et kënnen awer och aner Tester gefrot ginn, ewéi zum Beispill de Cambridge English Test. Am beschten informéiers du dech am Viraus bei der Uni respektiv fir d'Studiefach vun denger Wiel, ob esou en Test verlaangt gëtt, a wa jo, wéi ee vun de verschiddenen Tester verlaangt gëtt. Informéier dech och, wéi een Test d'Universitéit net akzeptéiert. Heiansdo geet et awer och schonn duer wann een de B2+ Niveau am Engleschen op sengem Diplome stoen huet.

**Méi Informatiounen zu deene verschiddenen Tester fënns du hei:**

TOEFL TEST:

www.ets.org/fr/toefl/test-takers/

CAMBRIDGE ENGLISH TEST:

www.cambridgeenglish.org

IELTS TEST:

www.ielts.org

INLL SPROOCHENZERTIFIKATER:

www.inll.lu/fr/certifications/

**Aneren Noweis:**

Deemno fir wéi ee Bachelor een sech umellt, muss een aner Kenntnisser noweisen. Sou kann et zum Beispill sinn, dass ee fir e Bachelor of Science e Mathéstest maache muss. Dëst hänkt vun der jeeweileger Uni an dem Studiegang of. Informéier dech also fréi genuch bei der Uni vun denger Wiel.

## KRANKEVERSÉCHERUNG

Als Student:in brauch ee keng Krankeversécherung an Holland ofzeschléissen, och wann ee per Bréif dozou opgefuerdert gëtt. Et soll een déi zoustänneg Administratioun awer a Kenntnis setzen, dass ee vu Lëtzebuerg aus verséchert ass, soss muss een eventuell eng Strof bezuelen. Falls een awer an Holland schafft, muss een eng hollännesch Krankeversécherung ofschléissen.

## VËLO

Opgrond vum zimmlech deieren ëffentlechen Transport, ass et an Holland quasi en absolutte Muss, sech mam Vëlo a senger Studiestad ze deplacéieren. Hei ass et awer och wichteg, sech e gutt Schlass zouzeleeën, fir dass ee säi Vëlo net vun Onéierleche geklaut kritt. Dat ass generell ee Virdeel fir Student:innen a Staat, vu dass d'Infrastrukture fir d'Véloen an hollännesche Stied zimmlech gutt ausgebaut sinn.

## ËFFENTLECHEN TRANSPORT

Wien awer op den Zuch oder Bus zeréckgräift, sollt sech eng OV Chipcard zouleeën. Dat ass eng Kaart mat där een sech bequeem am Bus/op der Gare an- an auschecke kann, a soumat just den Trajet bezilt, deen ee gefuer ass.



Student:innen mat der hollännescher Nationalitéit hu Recht op de Studentereisproduct: heimat fiert ee gratis, respektiv mat 40% Reduktioun. Deen Virdeel hunn awer net just Hollänner:innen mee och auslännesch Student:innen, déi an Holland schaffen.

## UMELDUNG OP DER GEMENG

EU-Student:inne brauche keng extra Openthaltsgeneemegung an Holland unzefroen. E gëltege Pass oder eng Carte d'identité ginn duer. Wann s du dech méi wéi véier Méint an Holland ophäls, muss du dech awer an enger Basisregistréierungsdatebank ("Basisregistratie personen" oder BPR) an der Gemeng, wou s du wunns, androe loossen. Dëst kanns du ganz einfach mat denger Carte d'identité oder dengem Pass maachen. Du kriss dann eng sougenannte Burgerservicenummer (BSN), déi s du brauchs, fir administrativ Ugeleeënheeten an Holland duerchzeféieren. Dozou kënnt nach, dat een sech een DigiD Account zouleeë muss, den hollännesche Pendant zu LuxTrust.

Méi Informatioune fënns du um Site vun der Gemeng, an där s du wunns oder ënner:

www.government.nl/topics/personal-data/citizen-service-number-bsn

## PROBLEM-BASED-LEARING (PBL)

Wat vill Leit an Holland zitt ass den aussergewéinlechen Unissystem. Amplaz vu grousse Virliesungen an Übungen huet ee sougenannten Tutorials a Lectures. Hei geet et drëms an Diskussiounsronnen d'Material wat een doheem virbereet huet, duerchzehuelen, a soumat méi dynamesch ze léieren. D'Lectures sinn dann unsech wéi déi traditionell Virliesungen, se déngen awer éischter als Recapitualatioun



vun dem wat an Tutorials beschwat gëtt. Dëse System ass a relativ ganz Holland fir quasi all Studiegang verbreet a setzt sech soumat vum klassesche Frontalcours of.

Ausserdeem huet een innerhalb vu sengen zwee Semestere jeeweils 3 Perioden:

- Period 1: Ufank September - Schluss Oktober
- Period 2: Schluss Oktober - Mëtt Dezember
- Period 3: Ufank Januar - Schluss Januar
- Period 4: Ufank Februar - Mëtt Abrëll
- Period 5: Mëtt Abrëll - Ufank Juni
- Period 6: Ufank Juni - Ufank Juli

Mat enger Summervakanz vu ronn 2 Méint, Chrëschtvakanz vun zwou Wochen, a Fuesvakanz vun enger Woch.

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**



CHAMBRE DES SALARIÉS
LUXEMBOURG

# UNE INSTITUTION QUI DÉFEND LES INTÉRÊTS DES ÉTUDIANTS ET DES APPRENTIS

La Chambre des salariés est ta voix dans la procédure législative et dans de nombreuses commissions consultatives dans le domaine de l'éducation et de la formation professionnelle.

## 1.

**Télécharge gratuitement des publications**

dédiées aux aides financières pour les études supérieures, aux contrats et stages d'étudiants, au droit du travail et de la sécurité sociale...

## 2.

**Abonne-toi à nos newsletters**

pour rester informé sur l'évolution de tes droits et sur l'évolution socio-économique du pays.

## 3.

**Participe à des formations continues**

en complément de ta formation initale via le Luxembourg Lifelong Learning Centre (LLLC).

Pour obtenir plus d'informations, scanne les codes QR ou visite nos pages www.CSL.lu | www.LLLC.lu

YOU'LL NEVER WORK ALONE.



# ... A PORTUGAL

Trotz der Distanz ass Portugal eng beléift Destinatioun fir Lëtzebuerger Student:innen. An dësem Guide fënns du alles, wat s du wësse muss, fir deng Studien do ze plangen.

## WAL VUN DER UNIVERSITÉIT AN DER STAD

Portugal huet vill unerkannt Universitéiten, besonnesch zu Lissabon, Porto an Coimbra. Et ass wichteg, sech gutt iwwer d'Studieprogrammer, d'Unterrechtssprooch (portugisesch oder englesch) an d'Zouloossungskonditioune z'informéieren.

## LOGEMENT

Eng Wunneng ze fanne kann a Portugal, besonnesch zu Lissabon a Porto, zimmlech schwéier sinn. Dofir ass et wichteg, fréi mat der Sich unzefänken, am beschte schonn 3 bis 6 Méint am Viraus. Et ginn ënnerschiddlech Méiglechkeeten, wéi zum Beispill Studentenresidenzen, Co-locationen oder privat Wunnengen. Fir e passenden Ënnerdaach ze fannen, kënne Plattformen ewéi Uniplaces, Idealista an OLX hëllefräich sinn. Och Facebook-Gruppe speziell fir Studente sinn oft eng gutt Optioun. Dobäi soll een awer ëmmer virsiichteg sinn a gutt oppassen op méigleche Bedruch. Et ass wichteg, ni Suen ze bezuelen, ouni dass virdrun e Kontrakt ënnerschriwwe gouf.

**Méi Informatiounen zu Wunnengen a Portugal:**

UNIPLACES:

https://www.uniplaces.com/fr

IDEALISTA:

https://www.idealista.pt/fr/

## LIEWENSKÄSCHTEN

D'Liewenskäschten a Portugal si meeschtens méi niddreg wéi zu Lëtzebuerg, och wann se jee no Stad variéiere kënnen. Besonnesch Lissabon gëllt als déi deierst Stad am Land. Dofir ass et wichteg, am Viraus e Budget anzerechnen, deen déi wichtegst Ausgaben ofdeckt, wéi de Logement, d'Iessen, den Transport an och d'Fräizäitaktivitéiten.

## ADMINISTRATIV DOKUMENTER

Fir a Portugal kënnen ze studéieren an administrativ Schrëtt ze maachen, brauch een eng gëlteg Carte d'identité oder e Pass souwéi eng Aschreiwung op der Universitéit. Donieft ass et staark recommandéiert, eng portugisesch Steiernummer (NIF) unzefroen, well dës dacks néideg ass, zum Beispill fir eng Wunneng ze lounen oder e Bankkonto opzemaachen.

Méi Informatioune zu der Steiernummer fënns du iwwert de Link:

https://www.portaldasfinancas.gov.pt/at/html/index.html



## ADMINISTRATIV FORMALITÉITEN

Et ass wichteg, ëmmer e gëltegt Ausweisdokument ze besetzen an dobäi ze hunn. Zousätzlech gëtt recommandéiert, sech bei der Lëtzebuerger Ambassade zu Lissabon unzemellen, fir am Fall vu Problemer oder Noutfäll, méi einfach kënnen Hëllef ze kréien.

Méi Informatioune zu der Ëmweltplaquette fënns du um Internetsite:

https://lisbonne.mae.lu/fr.html

## ASCHREIWUNG AN ADMINISTRATIV DEMARCHEN

Et ass wichteg, d'Aschreiwung op der Universitéit ofzeschléissen an sech mat den Horairen, Plattformen an de Coursë vertraut ze maachen.

## TRANSPORT

Grouss Stied hunn en effizient ëffentlecht Verkéiersnetz (Metro, Bus, Tram). Et gi Studentenabonnementer zu reduzéierte Präisser, an deelweis souguer gratis Transport fir Student:innen ënner 23 Joer.

## LIEWEN A PORTUGAL

De portugisesche Studiesystem ënnerscheet sech e bësse vum Lëtzebuerger System. D'Notte ginn op enger Skala vun 0 bis 20 verginn, dobäi ass eng Nott vun 10/20 déi minimal Nott, fir e Cours ze bestoen. D'Coursen an d'Bewäertungen si vill méi op Schluss-Exame konzentréiert, wéi op kontinuéierlech Aarbecht am Laf vum Semester, och wann dat vum Studium an der Universitéit ofhänkt.

Wat d'Sprooch ugeet, ginn et zwar ëmmer méi Coursen op Englesch, mee et ass trotzdeem eng grouss Hëllef,

Portugisesch ze léieren. Dat mécht net nëmmen d'Integratioun méi einfach, mee hëlleft och vill am Alldag.


Portugal bitt e ganz räicht a liewegt Studenteliewen un. Student:innen hunn d'Méiglechkeet, sech a Studentenassociatiounen z'engagéieren, un akademeschen a soziale Veranstaltungen deelzehuelen oder verschidde Sportaktivitéiten auszeüben. Dës Aktivitéiten erlaben et net nëmmen, nei Leit kennen ze léieren, mee och sech besser an d'Studenteliewen an an d'portugisesch Kultur z'integréieren.

### LISSABON

Lissabon ass d'Haaptstad vu Portugal an och dee gréisste Studiestanduert am Land. Hei fënnt een déi gréisst lëtzebuergesch Gemeinschaft, an et si vill LSP-Membere present. Zu de bekanntsten Universitéiten zielen Universidade de Lisboa, ISEG, Nova SBE a Católica Lisbon School of Business and Economics. D'Präisser fir e Studentenzëmmer leien hei meeschtens tëscht 600€ an 850€ pro Mount. Lissabon ass eng kosmopolitesch an dynamesch Stad mat villen akademeschen, kulturellen a beruffleche Méiglechkeeten. Zousätzlech ass d'Stad ganz gutt mam ëffentlechen Transport verbonnen. Si eegent sech virun allem fir Student:innen, déi eng grouss Stad mat ville Méiglechkeete sichen.

### PORTO

Porto ass déi zweetgréisst Stad a Portugal an huet eng staark Studentekultur. Déi bekanntst Héichschoule sinn d'Universidade do Porto, Católica Porto an d'Porto Business School. D'Wunnengspräisser fir e Studentenzëmmer leien am Duerchschnëtt tëscht 450€ a 700€ pro Mount. Porto bitt eng méi gemittlech Atmosphär wéi Lissabon an ass bekannt fir säi staarkt Gemeinschaftsgefill an dat aktiivt Nuetsliewen. D'Stad ass ideal fir Student:innen, déi eng grouss Stad mat e bësse méi Rou an enger héijer Liewensqualitéit sichen.



### COIMBRA

Coimbra ass eng vun de bekanntste Studentestied a Portugal a besëtzt eng laang universitär Traditioun. Hei läit d'Universidade de Coimbra, déi schonn 1290 gegrënnt gouf, an zu den eelsten Universitéite vun Europa gehéiert. D'Wunnengspräisser sinn hei am Verglach méi niddreg a leien tëscht 300€ a 500€ pro Mount. Coimbra huet eng ganz studentesch Atmosphär a bleift staark vun Traditioune gepräägt. Besonnesch bekannt ass d'Stad fir de "Fado de Coimbra", eng traditionell portugisesch Museksrichtung, an hir vill Studentenbräich. Coimbra eegent sech virun allem fir déi, déi eng klassesch Studentestad mat vill Traditioun sichen.

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**


De Cours preparéieren.
Sport maachen.
Chatten.
Videoe posten.
Shoppe goen.
Chatten.
Op e Concert goen.
Sech ameséieren.
An dann: d'Nuecht.
Mat der Gewëssheet,
dass ee sécher heemkënnt.
Är Mobilitéit.
E Moment vu Vertrauen.
emile weber
all about your journey
emile-weber.lu



# ... A GROUSSBRITANNIEN

Du studéiers e bësse méi wäit ewech vun doheem an hues nach déi eng oder aner Fro zum Liewen op der brittescher Insel? Hei fënns du nëtzlech Informatioune ronderëm däi Studenteliewen a Groussbritannien. Lies dës Informatiounen zum post-Brexit, dem Hall of Residence an dem Master of Arts duerch!

## VISA FIR ZE STUDÉIEREN

Wann s du däi Studium an England, Schottland, Wales oder Nordirland am September ufänks, brauchs du e Visa, fir a Groussbritannien anzereesen. Dofir brauchs du also och e Pass. Dëse Studentevisa kascht aktuell 524 £ a wéi laang e gëlteg ass hänkt vun dengem Studium a Studiendauer of.

Et kann ee fréistens 6 Méint virum Start vun de Coursen de Visa ufroen. Et dauert ca. 3 Woche bis een eng Äntwert kritt.

Als Deel vun der Ufro fir däi Visa muss du dech och fir d'Krankekeess (healthcare surcharge) umellen. Heifir läit de Präis aktuell fir Student:innen bei 776 £ pro Joer.

Fir eng Visa-Ufro brauchs du dës Dokumenter:

- en aktuelle Pass
- Confirmatioun vun der Uni, dass du fir däi Studium ugeholl bass (Confirmation of Acceptance for Studies [CAS])

Hei fënns du weider Informatiounen:

www.gov.uk/student-visa

Wann s du wärend dengem Openthalt Schwieregkeeten solls hunn, kanns du dech bei der Ambassade zu London mellen:

27 Wilton Crescent -
LONDON SW1X 8SD
Tel.: (+44-20) 7235 6963
londres.amb@mae.etat.lu

## BREXIT A SCHOTTLAND

Leider ass et a Schottland elo esou, dass d'SAAS (Students Awards Agency Scotland) deng Aschreiwungsfraisen op der Uni NET méi iwwerhëlt.

## UREESEN

Am einfachsten a séierste kënns de mam Fliger an England oder Schottland. Et ginn Direktflich an England ewéi och a Schottland. D'Luxair flitt vum Findel aus London, Manchester an Edinburgh un. Et kann ee fir a Schottland ze reesen awer och den Zuch huelen.

## HALL OF RESIDENCE


A Groussbritannien hunn déi meescht Universitéiten hir eege Wunnheemer fir Student:inne. Meeschtens sinn dat miwweléiert Wunninge mat enger Gemeinschaftskichen, enger Toilette, engem Buedzëmmer an eventuell engem Gemeinschaftsraum. Dat nennt een en "Hall of Residence".

Jee no Wunnheem huet een eng komplett Verfleegung, eng hallef Verfleegung oder guer keng Verfleegung. Et ginn der awer och, wou se gemëscht sinn. Oft gi Porte-ouverten organiséiert, fir dass ee sech e Bild vum Wunnheem maache kann.

An dëse Wunnheemer ass et meeschtens esou, dass een no sengem éischten Unisjoer an eng aner Wunneng plënnere muss. A verschidde Fäll kann een och méi wéi ee Joer am Wunnheem bleiwen, wa genuch Plaz ass. D'Wunningen an de Wunnheemer si meeschtens wärend dem Unisjoer (Vierliesungszäit) verfügbar, et kann awer sinn, dass een se wärend engem gesamte Kalennerjoer hale kann.

Oft ass et esou, dass een eng Kautioun hannerleeë muss, fir kënnen am Wunnheem ze wunnen. Heiansdo muss een och eng "Administration fee" bezuelen, fir d'Käschte vum Buchen vun dengem Zëmmer ze couvréieren. Déi "fee" kritt een net zréckbezuelt. D'Käschte fir d'Heizung, de Stroum an d'Waasser sinn normalerweis am Präis mat abegraff. Student:inne mussen déi sougenannt "Council Tax" net bezuelen, egal, ob se an engem Studentewunnheem wunnen oder privat eng Wunneng lounen. An dëse Residenzen ass et oft esou, dass ee pro Wäschgang (Trockner), déi ee mécht, bezuele muss (ëm 3£ pro Wäsch). D'Studentewunnheemer befanne sech meeschtens no beim Unis-Campus, sou dass een net muss mat deieren Transportkäschte rechnen, fir op d'Uni ze kommen. E weidere Virdeel vun engem Studentewunnheem oder enger





Wunneng, déi vun der Uni geréiert gëtt, ass, dass een och alles online verwalte kann. Bei private Wunnengen muss een oft, awer net ëmmer, op der Plaz sinn, fir d'Modalitéiten ze klären. Ausserdeem gëtt bei Privatwunnege meeschtens e sougenannten "Guarantor" verlaangt - eng Persoun déi a Groussbritannien wunnt, déi dofir biergt, dass de Loyer bezuelt gëtt. Falls ee keng esou eng Persoun kennt, muss ee meeschtens e puer Méint Loyer am Viraus bezuelen.

**Méi Informatiounen zu Wunnengen fënns du ënner folgende Links:**

MYSTUDENTHALLS:

www.mystudenthalls.com

SOUTHAMPTON:

www.southampton.ac.uk/student-life/accommodation

UKY.EDU:

www.uky.edu/housing/residence-halls

## MASTER OF ARTS

A Schottland ass et esou, dass wann ee véier Joer op enger Universitéit studéiert huet an de sougenannten "Undergraduate Master" gemaach huet, dësen zu Lëtzebuerg net als Master unerkannt gëtt an och net der klassescher Master-Formatioun entsprécht. Bannent deene véier Joer huet ee meeschtens 1-2 Joer méi breetgefächert Matièren an dono d'Spezialisatioun.

"Master of Arts" ass eng ierféierend Bezeechnung vum Bachelor a Schottland. Dat heescht am Kloertext, dass dësen "Undergraduate Master" zu Lëtzebuerg net als Master, mee just als Bachelor unerkannt gëtt, och wann den Undergraduate véier Joer dauert, also aacht Semester an ëmgerechent 240 ECTS wäert ass. Wien duerno nach motivéiert ass, e "Postgraduate Master" ze maachen, kann dëst an engem Kalennerjoer, dat aus dräi Semestere besteet, maachen.

Doniewent ass et och wichteg ze wëssen, dass e Bachelor net un der Unzuel vun de Jore gemooss gëtt, déi een op der Uni oder der Héichschoul mécht, mee un der Unzuel vun ECTS-Punkten, déi een a sengem Studium erreecht. Op villen engleschen a schotteschen Unien ass et esou, dass net mam ECTS-System gefuer gëtt, mee mat engem eegene Punkte-System an all Joer ee pauschale Wäert u Punkten zougerechent gëtt. Allgemeng entspriechen 2 vun dëse Credits ongeféier 1 ECTS. Deemno géifen zum Beispill 30 ECTS 60 schottesche "Credits" entspriechen.

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**

# Eng sënnvoll Carrière wielen.

Zur sozialer, kultureller a wirtschaftlecher Entwécklung vum Land bäizedroen, ass eng eenzegaarteg Aufgab. Op Är Aart a Weis hëlleft Dir, dëse groussen Optrag auszeféieren. Andeems Dir am Déngscht vun der Allgemengheet schafft, erfëllt Dir Är Missioun an der Gesellschaft a gläichzäiteg kënnt Dir Iech perséinlech weiderentwéckelen. Dat ass eis Aarbechtsphilosophie.

-

**Fir eis ass dat selbstverständlech.**

*Sou wéi de Noah, Conseiller budgétaire bei der Finanzinspektioun (IGF), kommt och Dir bei eis! Méi Informatiounen op:*


**www.govjobs.lu**

**@govjobs.lu**

La fonction publique

GovJobs

Vos talents au service du citoyen



# ... AN IRLAND

Irland ass fir vill Lëtzebuerger Student:innen eng spannend Destinatioun, déi héichwäerteg Studien, eng oppe Kultur an en eenzegaartegt Studenteliewe verbënnt. Egal ob s du an enger lieweger Stad wéi Dublin, Cork oder Galway studéiere wëlls, hei hu mir déi wichtegst Informatioune fir dech zesummegestallt, fir dass däi Studium an Irland esou einfach wéi méiglech ufänkt.



## UMELDUNG OP DER UNI

Wann s du dech fir e Studium an Irland interesséiers, leeft d'Demande fir all Universitéit iwwer déi zentral Plattform CAO (Central Applications Office). D'Aschreiwung op cao.ie muss normalerweis bis den 1. Februar gemaach ginn, woubäi "late applications" nach bis den 1. Mee méiglech sinn. Bei der éischter Demande muss een seng perséinlech Donnéeën, de Schoulofschloss an aner relevant Informatiounen uginn. D'Käschte leien dobäi aktuell bei 35€ fir eng fréi Umeldung a 50€ fir eng spéider Demande. Et ass méiglech, bis zu zéng Studienoptiounen unzeginn, verdeelt iwwer verschidden Universitéiten a Stied, déi no perséinlecher Preferenz klasséiert ginn. Zousätzlech kann een "supporting material" wéi Recommandatiounsbréiwer, Zensuren oder Certificate per Post eraschécken, fir d'Demande ze ënnerstëtzen. Soubal een de Premièresdiplom kritt huet, muss deen och nach per Post op Irland geschéckt ginn.



Géint Enn August, meeschtens ongeféier eng Woch nodeems déi iresch Schüler:innen hir Resultater kruten, kommen déi éischt Offeren. Wann een eng Offer unhëlt, bleiwen déi méi héich klasséiert Choixen awer nach ëmmer méiglech, falls spéider eng Plaz fräi gëtt.

Hei fënns du weider Informatiounen zur Umeldung:

https://www.cao.ie/

## UNISLIEWEN

D'akademescht Joer an Irland leeft normalerweis vu Mëtt September bis Ufank oder Enn Mee, jee no Universitéit. Am Wanter huet een dacks ongeféier véier Woche Vakanz ronderëm Chrëschtdag an de Joreswiessel. D'Exame fir dat éischt Semester ginn am Dezember geschriwwen, an déi vum zweete Semester am Abrëll oder Mee. Vill Studiengäng hunn zousätzlech eng sougenannt "Reading Week" an der Mëtt vum Semester, wou een Zäit huet fir sech op Midterms virzebereeden, Coursen opzeschaffen oder och emol e puer Deeg fortzefueren.

## LOGEMENT

Wat de Logement ugeet, bidde verschidden Universitéiten am éischte Joer eng garantéiert oder zumindest favoriséiert Wunnméiglechkeet an engem Studentenheem un. Um Trinity College Dublin oder um UCD muss een sech dofir separat iwwer d'Accommodation-Portal umellen, awer eng Plaz ass net garantéiert.

**Méi Informatiounen zu Studentenheemer zu Dublin:**

TRINITY COLLEGE ACCOMODATION-PORTAL:

https://accommodation.tcd.ie/StudentBookings/

UCD ACCOMODATION-PORTAL:

https://residences.ucd.ie/

Besonnesch zu Dublin, mee och an aneren iresche Stied, ass privat Wunnen dacks deier a schwéier ze fannen. Vill Student:innen entscheede sech dowéinst fir "Purpose Built Student Accommodation". Do kritt ee meeschtens eng Eenzelkummer mat Buedzëmmer an enger Wunngemeinschaft mat 6 bis 8 Leit, entweder fir d'Semesterzäit oder fir dat ganzt Joer. Bekannt Ubidder sinn hei Yugo oder Aparto.

**Méi Informatiounen zu Studentenheemer zu Dublin:**

YUGO:

https://yugo.com/en-gb/global/ireland

APARTO:

https://apartostudent.com/locations/dublin

## LIEWEN AN IRLAND

Och de studenteschen Alldag an Irland huet e puer praktesch Besonneschkeeten. Fir den ëffentlechen Transport kann een als Student eng Leap Card ufroen. Jonk Erwuessener tëscht 19 a 25 Joer kréien d'"Young Adult Card", aner Student:innen eng klassesch Studentekaart. Domat kritt een ongeféier 50% Remise op den ëffentlechen Transport. Déi verlässlechsten a schnellsten Transportméiglechkeet zu Dublin ass den Tram (LUAS) dei den Norden an de Süden verbënnt (Green Line) an de Westen mam Osten (Red Line).

Méi Informatioune zu der Leap Card fënns du iwwert de Link:

https://about.leapcard.ie/young-adult-and-student-card-launch

Wat d'Fräizäit ugeet, ass déi éischt Uniwoch meeschtens d'"Freshers Week", an där vill Eventer an Aktivitéiten organiséiert ginn. Am Laf vum Joer ginn et zu Dublin och verschidde bekannte Studentenowender, déi sech iwwer d'Woch verdeelen. Fir Heem op Lëtzebuerg ze fléien, ginn et quasi all Dag Direktflich tëscht Dublin a Lëtzebuerg mat Luxair oder Ryanair. Jee no Saison an Zäitpunkt fannen sech heiansdo ganz bëlleg Ticketen, mee spontan Buchunge kënnen och däitlech méi deier ginn. Vu Dublin aus kann een dann och bequeem mam Zuch oder Bus an aner iresch Stied wéi Galway oder Cork weiderreesen.

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**



# AVANÇONS ENSEMBLE, PLUS LOIN



Accélérez votre croissance, élargissez vos horizons !
L'équipe qualifiée de la Chambre de Commerce du Luxembourg accompagne le développement de votre entreprise avec son expertise et ses formations spécialisées pour garantir votre succès.

**Ensemble, nous sommes plus forts !**

CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG
POWERING BUSINESS

@ccluxembourg | T (+352) 42 39 39-1 E info@cc.lu **www.cc.lu**

HOUSE OF TRAINING · HOUSE OF ENTREPRENEURSHIP · HOUSE OF STARTUPS · HOUSE OF SUSTAINABILITY · GO INTERNATIONAL · MERKUR.LU LA MARQUE MÉDIA DE LA CHAMBRE DE COMMERCE



# ... AN DEN USA

Wann s du méi wäit ewech studéiere goe wëlls, däi kulturellen Horizont erweidere wëlls an eng ganz nei Erausfuerderung erliewe wëlls, sinn d'USA déi perfekt Destinatioun fir dech.

## TESTER ALS VIRAUSSETZUNG

### Sproochnoweis

Fir an den USA studéieren ze kënnen, muss een e gudden Niveau am Engleschen hunn, souwuel am Mëndlechen ewéi och am Liesen an am Schrëftlechen. Fir dëst nozeweisen, kann een op verschiddenen Unien e Sproochentest gefrot ginn. Meeschtens gëtt den IELTS- an den TOEFL-Test vun den amerikaneschen Universitéiten akzeptéiert. Et kënnen awer och aner Tester vun den Universitéite gefrot ginn, ewéi zum Beispill de Cambridge English Test. Am beschten informéiers du dech hei am Viraus bei der Uni, ob si esou een Test verlaangen a wa jo, wéi een néideg ass.

**Méi Informatiounen zu de Sproochentester fënns du hei:**

International Student:

https://www.internationalstudent.com/study_usa/application-process/standardized-tests/overview/

Institut national des langues Luxembourg (INLL):

www.inll.lu/lu/zertifikatiounen/

### SAT/ACT Standardized tests

Dës Tester gi vu villen, awer net allen, Unie gefuerdert a spillen eng grouss Roll bei der Héicht vum Scholarship (méi dozou op der nächster Säit), deen een eventuell kréie kann. Et muss ee laang am Viraus plangen, wéini een den Test schreift. Online fënnt een och gratis Preparatiounstester a Bicher, déi engem hëllefen, sech dorobber

virzebereeden. Vu dass et net nëmme wichteg ass, den Test ze packen, mee och e gudde Score ze erreechen, ass et recommandéiert, sech gutt a laang genuch op den Test virzebereeden.

Den SAT evaluéiert zu 50% deng Mathéskompetenzen an zu 50% deng englesch Sproochkenntnisser. Den ACT verdeelt seng Schwéierpunkten op Englesch, Geschicht, Sproochen, Wëssenschaften a Mathematik.

Am beschte mécht een den Test méi wéi eng Kéier, fir dass ee genau weess, wat op een duerkënnt. Zu Lëtzebuerg kann een den Test op der International School of Luxembourg (ISL) schreiwen.

**Méi Informatiounen dozou fënns du ënner:**

collegeboard.org:

satsuite.collegeboard.org

act.org:

global.act.org

educationusa.be:

https://www.educationusa.be/undergraduate-studies/admission-tests/sat/

## U.S. VISA

Fir an den USA ze studéieren, brauchs du en U.S. Visa ("student visa"). Fir deen ze kréien, muss du fir d'éischt online de sougenannten "DS160"-Formular ausfëllen. Wann s du alles aginn hues, muss du drun denken, d'Bestätegungssäit erauszedrécken. Nodeems du däi VISA bezuelt hues, muss du e Rendez-vous op



der amerikanescher Botschaft oder dem Konsulat ausmaachen, fir e Visa ze kréien. Dëst kann eng Zäitchen daueren, dofir rode mir dir, d'Demande fir de Visa sou fréi wéi méiglech ze maachen. Fir deng Demande ze komplettéieren, brauchs du follgend Dokumenter:

- e gëltege Pass;
- en ënnerschriwwenen "Certificate of Eligibility for Nonimmigrant Student Status" (I-20-Formular);
- d'Bestätegungssäit vum DS-160 Formular;
- d'Bestätegung vum Rendez-vous mat der Botschaft oder dem Konsulat.

Zousätzlech muss och d'SEVIS Fee (I-901) bezuelt ginn, an dat virum Rendez-vous op der Botschaft oder am Konsulat. Fir e Student Visa läit d'SEVIS Fee aktuell bei 350 USD.

**Déi genau Virgoensweis ass op follgende Siten erkläert:**

US Traveldocs:

www.ustraveldocs.com

U.S. EMBASSY:

lu.usembassy.gov/visas/#types

## OPGEPASST

Säit den Donald Trump seng zweet Amtszäit ugefaangen huet ass d'Stabilitéit vum Visa-Status net méi sou sécher wéi fréier. Et gi Fäll an deenen auslännesch Student:innen hire Visa kuerzfristeg oferkannt kruten an hir Studien hu missen ofbriechen. Insgesamt ass säit der neier Regierung de ganzen Héichschoulsystem an den USA ënner héijem Drock an d'Ëmstänn kënne sech vun haut op muer änneren.

## KRANKEVERSÉCHERUNG

D'Gesetz verlaangt, dass déi Leit, déi an den USA studéieren, eng Krankeversécherung hunn. D'Käschte fir d'Gesondheetsdéngschtleeschtunge kënne ganz anescht ausfale wéi zu Lëtzebuerg. Dofir rode mir dir, eng zousätzlech Krankeversécherung ofzeschléissen. Am beschte frees du do bei denger Zousazversécherung zu Lëtzebuerg no, fir weider Informatiounen ze kréien.

Déi meescht Unie bidde fir hir international Student:innen eng Krankeversécherung un. Dës bezilt een automatesch, ausser et kann een noweisen, dass een eng zousätzlech Krankeversécherung huet. Am beschte frees du bei der Uni selwer no, wat se de Student:innen ubitt.

## SCHOLARSHIP

Et ass gewosst, dass Amerika net dat bëllegst Land ass, fir ze studéieren. Eng Bourse kann do scho ganz nëtzlech sinn. Eng Bourse ass eng finanziell Hëllef, déi als Zil huet, d'Student:innen ze fërderen. D'amerikanesch Universitéite bidden och internationale Student:innen eng Rei Bäihëllefen un. Wien eng Bourse an den USA kritt, hänkt ganz vun de Modalitéite vun der jeeweileger Bourse of. Et gëtt also keng generell Reegel. Fir verschidde Bourse muss een eng gewësse Punktzuel am TOEFL-Test kritt hunn oder eng gewësse Moyenne erreechen. Hei muss du dech also informéieren, wéi eng Bourse fir dech a Fro komme géif. Dëst kann sech duerchaus als komplizéiert erweisen. Am beschte frees du direkt bei der Uni no.

## SUE BLOCKÉIEREN

Fir an den USA studéieren ze kënnen, muss du garantéiere kënnen, dass du genuch Suen hues, fir ze liewen an deng Studiekäschten ze bezuelen. Dës Zomm gëtt follgendermoosse gerechent: Du muss dat ganzt Schoulgeld ("tuition") fir ee Joer a genuch Suen hunn, fir ee Joer kënnen ze iwwerliewen. Wat d'Tuition ubelaangt, gëtt scho mat a Betruecht gezunn, ob s du e Scholarship vun der Uni krus (dëse gëtt dann ofgerechent). All Uni gesäit do eng aner Zomm vir, wat d'Liewenskäschten ubelaangt, well dat hänkt vun der Stad of, wou s du wunns (New York ass zum Beispill méi deier). Normalerweis stinn dës Montanten op der Uni hirer Internetsäit.

## STUDENT:INNEN-JOB

An den USA däerfs du, als international:e Student:in, niewent dem Studium schaffe goen, awer ausschliisslech op der Uni an nëmme wann s du am Besëtz





vun engem F-1- Visa bass an och als Student ageschriwwen bass. Dëst ass follgendermoosse reglementéiert:

- 20 Stonnen d'Woch niewent de Coursen op der Uni;
- Vollzäit an deene Perioden, wou ee keng Coursen op der Uni huet.

Fir weider Informatioune kanns du dech beim Beroder fir auslännesch Student:innen op denger Uni mellen.

## DOLLAR

An den USA gëtt mat Dollar bezuelt. Dës Wärung kanns du dir ganz einfach op all Lëtzebuerger Bank besuergen. Du muss hei just drun denken, d'Suen 2-3 Deeg am Viraus ze bestellen, fir sécher ze sinn, dass s du se zur Zäit kriss. Denk drun, dass du an den USA just mat enger Kreditkaart oder mat der Debitversioun vun deene Karten (Visa, Mastercard, asw.) an net mat denger Debitskaart (V PAY, Maestro, asw.) an de Geschäfter bezuele kanns. Mir roden dir, en amerikanesche Kont opzemaachen. Dëst kanns du bei all belibeger Bank an Amerika maachen. Dofir brauchs du e gëltege Pass an eng Adress an Amerika op där s du wunns. Falls weider Dokumenter gebraucht ginn, kriss du dat vun der jeeweileger Bank matgedeelt.

Méi Informatiounen zum aktuelle Cours de change fënns du ënner:

www.bcee.eu/cours/change

## INTERNATIONALE FÜHRERSCHÄIN

Wann s du an den USA studéiers an do mam Auto fuere wëlls, brauchs du en internationale Führerschäin (däi lëtzebuergesche Führerschäi geet net duer). Dëse kanns du beim ACL ausgestallt kréien. Dofir brauchs du follgend Dokumenter: e gëltege Führerschäin ausgehännegt vun engem Memberland vun der EU, en aktuelle Certificat de résidence vun denger Gemeng (deen net méi al wéi dräi Méint däerf sinn) an eng aktuell Passfoto vun dir. De Führerschäi kascht 16€ fir ACL-Memberen (30€ fir Net-Memberen) an ass maximal dräi Joer gëlteg. Zousätzlech zum internationale Führerschäi muss du och ëmmer däi lëtzebuergesche Führerschäin dobäi hunn.

Méi Informatioune fënns du direkt beim ACL ënner:

www.acl.lu/de/mobilitat/service-beratung/internationaler-fuehrerschein/

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**



# ... A KANADA

Och a Kanada ginn et eng Rei Saachen, déi s du als Student:in wësse muss. Mir hunn dir déi wichtegst Informatiounen zesummegefaasst, fir dir däi Start an d'Studenteliewen a Kanada ze vereinfachen.

## HÉICHSCHOULSYSTEM A SPROOCHEN

Am Géigesaz zu villen europäesche Länner gëtt den Educatiounssystem a Kanada net national gereegelt, mee vun de Provënzen. Dat bedeit, dass all Universitéit hir eege Konditiounen an Demarchen huet, an et keng eenheetlech Prozedur gëtt. Et ass also wichteg, sech fréi an detailléiert iwwer déi Uni z'informéieren, wou s du wëlls studéieren.

Et gëtt zwou Haaptzorte vun Institutiounen:

- Universitéiten, déi theoretesch a wëssenschaftlech orientéiert sinn ;
- Colleges, déi méi praktesch a beruffsorientéiert Programmer ubidden.

An de meeschte Regioune kann een op Englesch studéieren, wärend am Québec vill Programmer och op Franséisch oder bilingual ugebuede ginn. Dat mécht de Québec besonnesch attraktiv fir Lëtzebuerger Studenten.

## STUDIEGANG A DIPLOMER

De Studium a Kanada ass relativ klassesch opgebaut. E Bachelor (Baccalauréat) dauert meeschtens 3 bis 4 Joer, dono kann een e Master maachen (1 bis 3 Joer) an duerno eventuell en Doktorat (3 Joer oder méi). Nieft de klassesche Studie gëtt et och College Diplomer, déi méi kuerz (1-3 Joer) a praktesch orientéiert sinn.

Et ass wichteg ze wëssen, dass net all d'Diplomer fir d'AideFi eligibel sinn. Zum Beispill gëllt den "Diplôme d'études collégiales" (DEC) am Québec net als Héichschouldiplom a gëtt dofir net ënnerstëtzt.

## INSCRIPTIOUN AN ZOUGANG

D'Umeldung leeft normalerweis online iwwer d'Websäit vun der jeeweileger Universitéit, ausser an Alberta, British Colombia an Ontario, wou d'Demanden zentraliséiert traitéiert ginn. D'Selektioun geschitt meeschtens op Basis vun de Schoulresultater, heiansdo gëtt och eng bestëmmte Mentioun am Ofschloss verlaangt. Et gëtt geroden sech gläichzäiteg op e puer Universitéiten unzemellen, fir d'Chancen ze erhéijen ugeholl ze ginn.

D'Deadline fir eng Bewerbungsprozedur läit dacks tëscht Januar a Mäerz, kann awer staark variéiere jee no Uni a Programm. Et ass dofir recommandéiert, sech schonn am beschten ab Oktober vum leschte Lycéesjoer ze informéieren an d'Demande fréi virzebereeden.

**Weider Informatioune zu der Aschreiwung fënns du hei :**

Cicdi.ca:

https://www.cicdi.ca/

Educanada:

https://www.educanada.ca

Wann s du ugeholl gëss, kriss du eng "Lettre d'acceptation", déi fir déi administrativ Schrëtt néideg ass. Fir a Kanada ze studéieren, muss een fir d'éischt eng "lettre d'attestation provinicale" (LAP) ufroe fir kennen ee "permis d'études" ze kréien, deen obligatoresch ass. Et muss een noweisen, dass ee genuch finanziell Mëttel huet (ca. 20.000 kanadesch Dollar pro Joer).

Fir de Québec kënnt nach eng zousätzlech Prozedur dobäi: do muss een als éischt e "Certificat d'acceptation du Québec" (CAQ) ufroen, ier een de permis d'études kritt.



Wann s du op Englesch studéiere wëlls, muss een an de meeschte Fäll och e Sproochentest wéi TOEFL oder IELTS maachen.

## KÄSCHTEN A FINANZIELL ËNNERSTËTZUNG

Studéieren a Kanada ass am Verglach zu Europa relativ deier. D'Frais d'inscription leien normalerweis tëscht 8.000€ an 23.000€ pro Joer, jee no Uni a Programm.

Fir Lëtzebuerger Studenten ass de Québec awer eng interessant Optioun, well et eng speziell Kooperatioun mam lëtzebuergesche Staat gëtt. Am Kader dovu ginn et eng limitéiert Unzuel u Boursen, déi et erlaben, nëmmen déi selwecht Fraisen ze bezuele wéi lokal Studenten, an net déi méi héich Fraise fir international Studenten. Dës Bourse ginn op Basis vu sozialen an akademesche Critèrë verginn an si limitéiert, dofir soll een sech fréi informéieren. D'Deadline fir d'Demanden dofir sinn den 30. September fir d'Wantersemester an den 30. Abrëll fir d'Hierschtsemester.

Weider Informatiounen dozou fënns du ënner :

https://mengstudien.public.lu/fr/aides-financieres/bourses-etrangeres.html

Zousätzlech kann een och d'AideFi vum lëtzebuergesche Staat ufroen, wann d'Formatioun vun enger unerkannten Universitéit kënnt an zu engem valabelen Diplom féiert.

Fir rauszefannen, ob deng Formatioun eligibel ass fir d'AideFi, kanns de dëse Site consultéieren :
https://mengstudien.public.lu/fr/aides-financieres/aidefi/formations-eligibles.html

## PRAKTESCH TIPPS FIR DE START

Wann s du a Kanada studéiere wëlls, ass eng gutt Preparatioun essenziell. Et ass wichteg, sech fréi ëm eng Wunneng ze këmmeren, besonnesch a grousse Stied wéi Montréal oder Toronto, wou d'Nofro héich ass. Och d'Liewenskäschte kënnen héich sinn, an dofir soll ee säi Budget gutt plangen.

Kanada ass e ganz internationaalt Land, wat vill Méiglechkeete bitt, Leit aus der ganzer Welt kennenzeléieren an sech e staarkt Netzwierk opzebauen. Gläichzäiteg soll een awer och d'klimatesch Konditiounen net ënnerschätzen, besonnesch déi kal Wanteren.

Am Allgemenge bitt Kanada eng héichwäerteg Ausbildung an eng ganz räich studentesch Erfarung, verlaangt awer och méi Organisatioun an eng gutt finanziell Preparatioun wéi vill europäesch Länner.

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**



# STUDENTE-LIEWE

# 03



# WUNNENGSSICH

Wann s du méi wäit ewech vu Lëtzebuerg studéiers, brauchs du eng Wunneng. Du hues d'Méiglechkeet, an e Studentewunnheem ze goen oder en Appartement bzw. e Studio ze lounen. Heibäi ginn et eng Rei Saachen, déi s du dofir wësse solls!

## WÉI FËNNT EEN AM BESCHTEN ENG WUNNENG?

Et gi verschidde Méiglechkeeten, eng Wunneng ze fannen. Hautdesdaags geet dëst am beschten iwwer Internetsäiten oder iwwer Facebook, wou een och eng Rei Gruppe vu Lëtzebuerger Student:innen am Ausland fënnt, déi engem bei der Wunnengssich weiderhëllefe kënnen. Vill Student:inne maachen an dëse Facebookgruppen op hir Wunneng, déi fräi gëtt, opmierksam. Oft ass et esou, dass verschidde Wunnenge vu Lëtzebuerger:innen un aner Lëtzebuerger:inne weiderverlount ginn. Natierlech besteet och d'Méiglechkeet, sech direkt bei Immobilienagencen ze mellen oder iwwer Siten ewéi ImmoScout oder WG-gesucht ze fueren.

## WAT ASS AM LOYER MAT ABEGRAFF?

Wann s du d'Präisser vun de Wunnenge vergläiche wëlls, dann denk drun, ze berécksiichtegen, wat alles am Loyer mat abegraff ass. Oft mengt een, eng Wunneng wär méi bëlleg, mee da stellt sech eraus, dass et sech dobäi ëm e Präis ouni Niewekäschten (wéi Waasser, Stroum, Liftfraisen, etc.) handelt. Fro also onbedéngt bei dem:der Proprietär:in, respektiv bei der Agence no, wat alles am Präis mat abegraff ass.

Oft ass et esou, dass de Stroum net am Loyer mat abegraff ass. Du kriss also vum Stroumbedreiwer eng extra Rechnung heemgeschéckt, déi s du da bezuele muss. Dëst ass just eng Virschreiwung an ass soumat net dat, wat s du tatsächlech verbraucht hues.

An engem reegelméissegen Zäitraum kriss du dann eng Ofrechnung, wou s du entweder nobezuele muss (wann s du méi verbraucht hues) oder Suen zréckkriss (wann s du manner verbraucht hues). Och d'Internet- an d'Televisiounskäschte sinn an deene meeschte Fäll net am Loyer mat abegraff. Du muss dir also en Internet-/ Televisiounsubidder eraussichen a mat deem e Kontrakt ofschléissen.

## WÉI ENG BEGRËFFER MUSS ECH KENNEN?

Wann s du da bis eng Wunneng fonnt hues, kommen eng Rei Begrëffer op dech zou:

### Biergschaft:

Verschidde Proprietär:inne verlaangen eng sougenannte Biergschaft, well een als Student:in nach kee fest Akommes huet. Heibäi handelt et sech ëm eng Persoun, déi garantéiert, dass de Loyer fir d'Wunneng bezuelt gëtt. Falls du däi Loyer also net bezils, muss déi Persoun, déi fir dech biergt, dësen iwwerhuelen. Ween dës Persoun ass, gëtt meeschtens am Kontrakt festgehalen. Bei Student:innen handelt et sech meeschtens ëm d'Elteren. D'Bierger:inne mussen de Kontrakt dann och mat ënnerschreiwen.



### Kautioun:

E wichtege Begrëff, deen s du bei denger Wunnengssich kenneléiere wäerts, ass d'Kautioun. Wann s du eng Wunneng louns, verlaangt de:d' Proprietär:in eng Kautioun. Et handelt sech ëm eng Zomm Suen (de Montant muss am Kontrakt festgehale sinn), déi s du un de:d' Proprietär:in bezuele muss. Dës Suen dierf de:d' Proprietär:in awer net ausginn, mee déi ginn op d'Säit geluecht. Entweder iwwerweis du dem:der Proprietär:in selwer d'Kautioun oder d'Sue ginn op engem Bankkont blockéiert (garantie bancaire locative). Ob elo dat eent oder anert zoutrëfft, hänkt vu Fall zu Fall of.

Falls du däi Loyer net bezils oder eppes an der Wunneng futti méchs, gëtt dëst vun denger Kautioun ofgehalen. Wann alles an der Rei ass, kriss du deng Kautioun zeréck, wann s du erëm aus der Wunneng erausplënners. D'Kautioun entsprécht normalerweis zwee bis dräi Loyeren.

### Provisioun/Frais-d'agencen:

Bei Wunnengen, déi iwwer eng Immobilienagence vermëttelt ginn, muss ee meeschtens eng Provisioun (bzw. Frais-d'agencen) bezuelen. Dës Sue kritt een net zeréck, mee se déngen dozou, d'Agence fir hir Déngschtleeschtungen ze bezuelen. Wichteg ass, dass d'Provisioun eréischt bei erfollegräicher Vermëttlung ze bezuelen ass. D'Wunnengsbesichtegunge sinn ëmmer gratis: Du muss d'Agence eréischt bezuelen, wann s du e Kontrakt ofgeschloss hues.

### SCHUFA-Auskunft:

An Däitschland ass et oft esou, dass de Proprietär eng sougenannt SCHUFA-Auskunft vun dir verlaangt. Déi Auskunft kann dem Proprietär versécheren, dass du respektiv deng Eltere genuch verdénge fir d'Wunneng all Mount ze finanzéieren. Et ass awer sou, dass een ouni en däitsche Konto keng SCHUFA-Auskunft ka kréien an een an dësem Fall dem Proprietär op aner



Aart a Weis muss beweisen, dass een eng Wunneng ka finanzéieren. Oft gëtt sech de Proprietär mat Gehaltziedelen zefridden, déi beweisen dass pro Mount genuch Geld zur Verfügung steet.

**Wunnengsiwwergab/État des lieux:**

Wann s du eng Wunneng louns, kënns du och mam Begrëff "Etat des lieux" oder "Wohnungsübergabe" a Kontakt. Heibäi handelt et sech ëm Besichtegungen, déi s du nach emol maache muss, éier s du deng Schlëssele kriss. Hei gëtt en Tour duerch d'Wunneng gemaach a sech alles ugekuckt. Et gëtt am Kontrakt (oder an engem extraen Dokument) notéiert, wann iergendeppes net funktionéiert (de Schäffchen, e Luuchteschalter, e Krunn, etc.) oder wann iergendwou eng Téitsch oder e Fleck an der Mauer oder am Buedem ass. Denk drun, hei alles gutt ze kontrolléieren, net dass du dono dofir opkomme muss, wann s du erëm erausplënners. Denk och drun, dass alles, wat am ënnerschriwwene Kontrakt mat der Hand bäigefüügt gëtt, nach emol ënnerschriwwe muss ginn (hei geet eng Paraph duer). Am beschten ass och, wann s du vun allem Fotoe méchs, fir op Nummer sécher ze goen. Zum Schluss vun dengem Kontrakt, also wann s du aus der Wunneng erausplënners, gees du nach emol mat dem:der Proprietär:in (oder enger Persoun vun der Agence) duerch d'Wunneng. Hei gëtt da gekuckt, ob an der Wunneng alles an der Rei ass. Falls iergendeppes net méi funktionéiert oder futti ass, dierf de:d' Proprietär:in de Reparatiounspräis vun der Kautioun, déi s du bezuelt hues, ofrechnen.

## WÉI KRÉIEN ECH DANN ELO MENG SAACHEN A MENG NEI WUNNENG?

Wann s du an deng Studiestad plënners, wëlls du sécherlech eng Rei Saache vun doheem mathuelen. Eventuell hues du jo och schonn e puer Miwwelen, déi s du mat an deng nei Wunneng huele wëlls. Schnell ass do den Auto net méi grouss genuch an et muss een e puer Mol de Wee an d'Unisstad fueren. Dëst ass alles anescht wéi praktesch, zemools wann een net grad ëm den Eck studéiert. Och wann ee keen Auto zur Verfügung huet, stellt sech d'Plënneren als extrem kompliziéiert eraus.

Interessant ass et dofir beim ACL ClubMobil (Automobil Club) en Auto oder eng Camionnette ze lounen. Hei sinn eng Rei Autoskategorië souwéi och zwou verschidde Gréisste vu Camionnetten (6 m³, 11,50 m³, 13 m³, oder 15 m³) ze kréien. Als ACL-Member kann een hei vun ongeféier 25% Remise profitéieren.

Fir weider Informatioune kanns du dech beim ACL mellen:

https://www.acl.lu/fr/mobilite/location-vehicule/

## WÉI FANNEN ECH ENG WUNNENG AN ENGER SPEZIFESCHER STAD?

Wann s du wësse wëlls, wéi s du an denger Studiestad eng Wunneng fënns, da kuck dir eis Websäit studenteguide.lu un. Dës ass de verschiddene Stied no ënnerdeelt a gëtt dir déi verschidde Méiglechkeete fir d'Wunnengssich un.

Du wëlls méi gewuer ginn? Da kuck op **studenteguide.lu**

CMCM

ÄR GESONDHEETSMUTUELLE
ZANTER 1956




Mat der CMCM hues du kee Stress wéinst Doktesch-, Zänndoktesch- oder Klinikskäschte wärend denger Studienzäit am Ausland. Medikaliséierten Transport a Rapatriement sinn och automatesch mat dran, illimitéiert an op der ganzer Welt.

Vergiess deng CMCM Kaart also net! Méi Detailer op **www.cmcm.lu**

**MIR SINN DO. FIR JIDDEREEN.**

cmcm_luxembourg @cmcm_lu CMCM Luxembourg cmcm_lu CMCM- App



# FINANZÉIERUNG

Studéiere goen, sief et am Ausland oder zu Lëtzebuerg, ass mat Käschte verbonnen, an dofir gräift de Lëtzebuerger Staat de Student:innen ënnert d'Äerm. Zu Lëtzebuerg këmmert de Service Aides financières vum Ministère fir Héichschoul a Fuerschung sech ëm d'Gestioun vun der finanzieller Hëllef, déi de Staat de Student:innen ubitt. Du kanns si per Telefon oder E-Mail kontaktéieren oder einfach am Service, dee vu méindes bis freides vu 7:45 bis 16:30 op ass, laanschtgoen.

**Weider Informatioune zu der Bourse:**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

MESR - Service Aides financières
18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg

(+352) 247 – 88650
aidefi@mesr.etat.lu

www.mengstudien.lu



### WÉI VILL SUEN HUNN ECH ZEGUTT?

Déi finanziell Hëllef vum Staat besteet aus engem Deel Bourse an engem Deel Prêt. D'Bourse ass deen Deel, deen een sou gesot geschenkt kritt. Dat heescht, dass een deen Deel net zeréckbezuele muss. De Prêt muss een no sengem Studium zeréckbezuelen. De Prêt ass optional. Et

ass jidderengem fräi iwwerlooss, ob een de Prêt huele wëll oder net.

D'Bourse an de Prêt kann een 2 mol am Joer ufroen, eng kéier am Wantersemester, an eng Kéier am Summersemester. Dofir kann een déi folgend Zuelen, déi pro Semester ausgedréckt sinn, och verduebele, fir de Gesamtbetrag op ee Joer ze gesinn.



**BOURSE (Montanten vum Joer 2026)**

Basisbourse – 1.228 Euro pro Semester: All Student:in, deen:déi op enger Universitéit oder Héichschoul ageschriwwen ass, huet heirobber en Urecht.

Mobilitéitsbourse – 1.600 Euro pro Semester: Kritt all Student:in, deen:déi ausserhalb vu sengem Wunnsëtzland studéiert an do Loyer bezilt.

Sozialbourse – maximal 2.379 Euro pro Semester: Jee nodeem, wéi héich dat besteierbaart Akommes (revenu annuel imposable) vun den Elteren oder besser gesot, dem Stot ass, an deem een ugemellt ass, kann ee bis zu 2.379€ Sozialbourse kréien. Deen Deel, deen een net kritt, kann een als Prêt ufroen. Allgemeng gëllt d'Reegel: wat d'Akommes méi niddreg ass, wat d'Sozialbourse méi héich ausfällt.

Familljebourse – 294 Euro pro Semester: Kritt all Student:in, deen:déi e Brudder oder eng Schwëster huet, deen oder déi am selwechte Stot ugemellt an och op enger Uni ageschriwwen ass. Dësen Deel vun der Bourse kritt een nëmmen am Summersemester ausbezuelt, dofir ass et awer dann den duebele Betrag.

Studiefraisen: Wann s du zousätzlech Käschte fir deng Uni hues, zum Beispill fir d'Aschreiwung, Sproochentester, d'Iwwersetzung vun Diplomer oder d'Emrechnung vun de Noten, kanns du eng zousätzlech finanziell Hëllef kréien. Dës ginn un deng effektiv Ausgaben ugepasst, mee sinn op maximal 3.800€ pro Studiejoer limitéiert a gi jee 50% op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt.

Härtefall – 2.000 Euro pro Joer: Sollt ee sech an enger "situation grave et exceptionnelle" befannen, kann een eng zousätzlech finanziell Hëllef vun 1.000€ ufroen, dëst an engem Bréif un de "Ministère de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche" adresséiert, an deem ee seng Situatioun erkläert. D'Sue ginn zu jee 50% op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt. Diskutéiert ginn d'Härtefäll an der Commission consultative de l'aide financière, an där ënner anerem och d'ACEL vertrueden ass.

**Zousätzlech Hëllefen:**

Prime de réussite: Wann ee säi Studium erfollegräich oofschléisst, huet een nom Bachelor a nom Master jeweils d'Recht eng eemoleg Prime vun 250€ beim Héichschoulministère unzefroen. Déi Prime krit een nëmme wann een en säi Studium nom 31.Juli 2026 ofgeschloss huet. D'Prime réckwierkend ze froen ass net méiglech

Indexation: Alleguerten d'Boursen ginn all Semester un den Index ugepasst.

**PRÊT 3.250 bis 7.529 Euro pro Semester:**

All Student:in kann 3.250€ Prêt ufroen. Deen Deel vun der Sozialbourse, deen een net kritt, kann een och als Prêt ufroen. Zousätzlech kenne bis zu 1.900€ fir d'Aschreiwungs- a Studiekäschten derbäi kommen. Domat kann de Prêt bis op 7.529€ klammen. Dësen ass op maximal 1,8% Zënse gedeckelt an ass zwee Joer nom Studium an enger maximaler Zäitspan vun zéng Joer zeréckzebezuelen.

**Wichteg Konditiounen:**

Fortschrëtt am Studium - No e puer Semester muss een eng gewëssen Unzuel un ECTS opweisen, soss verléiert een den Usproch op eng staatlech Studiebäihëllef.

Eegent Akommes - Wann Student:innen am Semester, fir dat si hir finanziell Hëllef beim Staat ufroen, en eegent Akommes hunn, dat méi héich wéi 80% vum lëtzebuerger Mindestloun ass, hunn si keen Usproch méi op eng Bourse, mee kënnen nëmmen nach vum Prêt profitéieren.

## SIMULATIOUN

Um Site vum Ministère gëtt et och ee Simulator wou ee ganz einfach kucke ka, wéi vill Bourse a Prêt een zegutt huet.

Wichteg: Dës Montante sinn un den Index gekoppelt a kënne jee nodeem variéieren.

D'Simulatioun fënns du ënnert follgendem Link:

mengstudien.public.lu/fr/aides-financieres/aidefi/simulateur.html

## WÉI MAACHEN ECH MENG DEMANDE?

Du muss deng Demande online iwwert MyGuichet maachen:

- Online oder iwwert MyGuichet App MAT LuxTrust / eID
- Online OUNI LuxTrust / eID

Fir déi gefroten Dokumenter eropzelueden, kanns du och d'MyGuichet App (MAT LuxTrust / eID) benotzen.

Méi Informatioune fënns du um Site vum Héichschoulministère:

mengstudien.public.lu/fr/aides-financieres/aidefi/aide-demarche.html

## DEADLINE

- Wantersemester: vum 1. August bis den 30. November
- Summersemester: vum 2. Januar bis den 31. Mee

**Wichteg:**

Däin Dossier muss virun den Deadlinen eragereecht ginn, och wann nach Dokumenter an dengem Dossier feelen, an deen onvollstänneg ass. Wann s du en onvollstännegen Dossier virun der Deadline eragereecht hues, hues du d'Méiglechkeet, spéider Dokumenter nozereechen. Wann eppes feelt, kriss du iwwer MyGuichet eng E-Mail gescheckt.

E vollstännegen oder onvollstännegen Dossier, deen eréischt no der Deadline agereecht gëtt, gëtt net méi consideréiert an et verléiert een esou säin Urecht op d'Bourse fir dat Semester.

Fro deng Bourse och am beschten den éischte Mount schonn un, well do sinn d'Waardezäiten net esou laang ewéi kuerz virun Oflaf vun der Deadline.

## WÉI LAANG KRÉIEN ECH D'BOURSE?

All Student:in huet d'Bourse esou laang zegutt, wéi d'Reegelstudienzäit dauert. Réischt wann een den éischten Zyklus (z. B. e Bachelor) ofgeschloss huet, kann een en neien Zyklus ufänken, wou een nees déi nei Reegelstudienzäit zegutt huet. No engem ofgeschlossene Master huet een allerdéngs just nach d'Bourse fir 1 weidere Master zegutt; wann een e neie Bachelor ufänkt, kritt ee keng Bourse méi.

Zousätzlech huet all Student:in zwee Bonus Semesteren iwwergräifend zu all Zyklus zur Verfügung.

Als Beispill fänkt e:eng Student:in e Bachelor un dee 6 Semester dauert an huet dofir 8 Semester Bourse zegutt. Dës:e Student:in brauch fir dëse Bachelor ofzeschléissen awer 7 Semester. Dono well hien:hat nach

ee Master maachen dee 4 Semester dauert. Dofir huet hien:hat dann nach 5 Semester mat dem enge Bonussemester wat aus dem Bachelor iwwereg war, een Urecht op d´Bourse, fir dëse Masterstudium kennen ofzeschléissen.

Et ass och méiglech säi Studium ze wiesselen. Dobäi sollt een awer oppassen, well do gëtt net nees vu vir ugefaange mat zielen, mee et gëtt do wieder gezielt, wou de leschten Zyklus ugefaange gouf.

## WAT ASS ...?!

**Cycle:**

E Cycle ass e Studiegang. De Bachelor ass deen éischte Cycle an de Master ass deen zweeten Cycle.

**Sozialversicherungsnummer/ Matricule:**

Hei gëtt déi nei Matricule (13 Stellen) gefrot. Dës fënns du op der Krankeversécherungskaart, déi s du zougeschéckt krus.

**RIB:**

De "Relevé d'identité bancaire" (RIB) ass eng Beschäinegung, déi vun der Bank ausgestallt gëtt, a bestätegt, dass e Kont op e bestëmmten Numm leeft (méi dozou ënner "OnlineDokumenter").



**Mobilitéitsstipendium/ Bourse de mobilité:**

Wann s du kee Kontrakt hues, well s du z. B. an enger WG wunns, geet eng schrëftlech Bestätegung vum Haaptlocataire oder Proprietär:in duer.

**Familljestipendium/ Bourse familiale:**

Dësen Deel vu 588€/Joer gëtt nëmmen am Summersemester ausbezuelt. Wann s du keng zweet Tranche ufrees, kanns du d'Familljebourse mat engem extrae Formulaire awer ufroen (SONSTIGE STIPENDIEN / AUTRES AIDES FINANCIÈRES). Wann s du e Subsid, deen net un e "Merite" gebonnen ass, vun der Gemeng kriss, muss du deen hei uginn.

**Online-Dokumenter:**

Verschidden Dokumenter kriss du online:

Op macommune.lu / vdl.lu (dat ass net bei all Gemeng de Fall):

- Certificat de composition de ménage
- Certificat de résidence

Bei der Uni (dat ass net bei all Uni de Fall):

- Frais d'inscription/Certificat d'inscription définitive
- Relevé de notes de l'année précédente

Um Web-Banking

- RIB / Bankverbindungsnachweis / Relevé d'identité bancaire

  Bei der Spuerkeess: Um S-net aloggen → "Comptes et cartes" → "..." → "Revelé d'identité bancaire"
- Preuve de paiement des frais d'inscription
- Preuve de paiement de loyer

Méi Informatiounen zu der Bourse fënns du ënner:

mengstudien.public.lu/fr/aides-financieres.html




# KRANKEVERSÉCHERUNG

## ZU LËTZEBUERG AFFILIÉIERT

Wann s du zu Lëtzebuerg wunns an op enger Uni am Ausland ageschriwwe bass, muss du bei enger lëtzebuergescher Krankekeess ugemellt sinn, fir d'Fraise vun der Gesondheetsversuergung am Studieland an zu Lëtzebuerg rembourséiert ze kréien. Du hues d'Méiglechkeet, dech entweder als Co-Versécherten (iwwert e vun dengen Erzéiungsberechtegten) unzemellen oder dech perséinlech unzemellen, falls eng Co- Versécherung net méiglech ass.

Am Fall vun der Co-Versécherung ass déi zoustänneg Keess déi vum Haaptversécherten (dat heescht vun engem Erzéiungsberechtegten):

- "Caisse nationale de santé" (CNS) fir Versécherter aus dem Privatsecteur
- "Caisse de maladie des fonctionnaires et employés publics" (CMFEP) fir Mataarbechter:innen aus dem ëffentleche Secteur
- "Caisse de maladie des fonctionnaires et employés communaux" (CMFEC) fir Gemengemataarbechter:innen
- "Entraide médicale des CFL pour les salariés des chemins de fer luxembourgeois" fir Mataarbechter:innen vun der Lëtzebuerger Eisebunn.



Du kanns dech direkt bei der zoustännege Krankekeess als Co-Versécherten umellen.

Wann s du dech als Student:in perséinlech verséchere wëlls, ass d'Caisse nationale de santé - D'Gesondheetskeess (CNS) zoustänneg. Fir dech unzemellen, muss du de Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) kontaktéieren.

## GESONDHEETSVERSUERGUNG AM STUDIELAND

Am Ausland studéiere gëllt als en "temporären Openthalt am Ausland". Et ka sinn, dass du wärend dengem Studium medezinesch versuergt muss ginn. Dofir ass et am beschten, déi zoustänneg Sozialversécherung op der Studieplaz ze kontaktéieren, fir méi Informatiounen iwwert d'Konditioune fir Remboursement an d'Ofdeckung vun der medezinescher Versuergung op der Plaz ze kréien. Jee nodeem, a wéi engem Land ee studéiert ass d'Situatioun anescht.

**Fir d'Länner vun der Europäescher Unioun (EU), dem Europäesche Wirtschaftsraum (EWR) an der Schwäiz:**

Als Student:in kanns du dech bei der zoustänneger Sozialversécherung vun dengem Studieland registréiere loossen. Dës Aschreiwung erliichtert d'Formalitéite vum Remboursement, ass awer net onbedéngt noutwendeg. Normalerweis geet et nämlech duer, wann een seng europäesch Sozialversécherungskaart ("carte européenne d'assurance maladie") virweise kann, fir dass Käschten iwwerholl ginn. Dës Betreiung gëtt dann no de gesetzleche Bestëmmunge vum Land, an deem s du dech ophäls, ausgeféiert an no den Tariffer, déi do applizéiert goufen, rembourséiert.

Déi europäesch Sozialversécherungs-kaart gëtt dem:der Student:in d'Recht op eng medezinesch Versuergung am Studieland, fir dass säin Openthalt a séchere medezinesche Konditioune verlafe kann, ouni dass de:d' Student:in seng:hier Behandlung a sengem:hirem eegene Land ënnerbrieche muss.

Dës Kaart kann awer nëmme bei konventionéierten Déngscht-leeschter:innen benotzt ginn, dat heescht bei all Déngschtleeschter:innen, dee mat der Sozialversécherung vu sengem Land en Ofkommes ënnerschriwwen huet. Normalerweis däerf déi europäesch Sozialversécherungskaart net vun engem:er autoriséierten:er Déngschtleeschter:in refuséiert ginn. Wann et sech ëm en net autoriséierten



oder privaten Déngschtleeschter:innen handelt, kënnen d'Behandlungsfraisen no de lëtzebuergesche Bedéngungen an Tariffer rembourséiert ginn.

EU: Belsch, Bulgarien, Däitschland, Dänemark, Éisträich, Estland, Finnland, Frankräich, Griichenland, Holland, Irland, Italien, Kroatien, Lettland, Lëtzebuerg, Litauen, Malta, Polen, Portugal, Rumänien, Schweden, Slowakei, Slowenien, Spuenien, Tschechesch Republik, Ungarn an Zypern.

EWR: Island, Liechtenstein an Norwegen

Wann een:eng Déngschtleeschter:in déi europäesch Sozialversécherungskaart net akzeptéiert oder s du deng Kaart net dobäi hues, muss du d'Käschte vun der medezinescher Versuergung an enger éischter Phas selwer bezuelen, an dann ee Remboursement bei der Krankekeess am Openthaltsland oder bei denger lëtzebuergescher Krankekeess ufroen:

Wann s du d'Rechnungen an d'Krankekeess am Openthaltsland agescheckt oder se bei hir agereecht hues, gëss du no den Tariffer an den Tauxen, déi am Openthaltsland gëllen, rembourséiert.

- Wann s du d'Rechnunge bei der zoustänneger Krankekeess zu Lëtzebuerg agescheckt oder se agereecht hues, rechent dës de Präis vun de Rechnunge bei der Keess vum Openthaltsland (mam Formulaire E126 / S067). Du gëss dann no den Tariffer vum Studieland rembourséiert. Op ausdrécklecher Ufro hues du awer hei och d'Méiglechkeet, fir no de lëtzebuergeschen Tariffer an Tauxe rembourséiert ze ginn.

Ier een an ee vun dëse Länner studéiere geet, ass et wichteg, ze kontrolléieren, ob déi europäesch Sozialversécherungskaart nach ëmmer gëlteg ass. Wann néideg, kann een e



Certificat als provisoreschen Ersatz vun d'europäesch Sozialversécherungskaart bei der zoustänneger Krankekeess ufroen.

Schlussendlech gëtt all net remboursabel Déngschtleeschtung (zum Beispill Orthodontie fir Erwuessener, Osteopathie, Heilpraktiker) aus engem vun de genannte Länner net rembourséiert. Fir vum Remboursement vu bestëmmte Behandlunge wéi Physiotherapie/ Kinesitherapie ze profitéieren, brauch een eng Bescheinegung, déi beseet, dass d'Krankekeess d'Käschten iwwerhëlt. Dës kriss du bei der CNS.

**Krankeversécherung a Groussbritannien:**

Duerch den Austrëtt vu Groussbritannien aus der Europäescher Unioun wäerten och Ännerunge bei der Krankeversécherung entstoen. Hei gëllen ab dem 1. Januar 2021 déi Bestëmmungen, déi am Austrëttsofkommes fest- gehal goufen.

Den Detail heizou fënns du ënner:

cns.public.lu/de/assure/droits-demarches/protection-sociale-etranger/etudier-a-etranger.html

**Fir d'Länner ausserhalb vun der Europäescher Unioun (EU), dem EWR an der Schwäiz, déi duerch eng bilateral Konventioun mat Lëtzebuerg gebonne sinn:**

Hei handelt et sech ëm follgend Länner:

| Land | Formular |
|---|---|
| Bosnien an Herzegowina | LU/BiH111 |
| Cap Vert | LCV/5 (5-40) |
| Nord-mazedonien | Europäesch Sozial-versécherungskaart |
| Marokko | L/M8 |
| Montenegro | Europäesch Sozial-versécherungskaart |
| Québec | LUX QUE 4 |
| Serbien | Europäesch Sozial-versécherungskaart |
| Tunesien | T/L |
| Tierkei | TR/L-3 |

Wann s du an engem vun dëse Länner studéiers, muss du e Formular bei der Sozialversécherung vun dengem Studieland ofginn, dat bestätegt, dass du d'Recht op medezinesch Déngschtleeschtunge wärend dengem Openthalt hues. Du gëss dann ageschriwwen a fäls ënnert déi selwecht Bedéngunge wéi d'Awunner. Den entspriechende Formular muss mindestens 15 Deeg virum Depart an d'Land bestallt ginn.

Du kanns deng Rechnungen direkt op der Plaz bei der zoustänneger Institutioun ofginn, déi dann déi medezinesch Käschten no den Tauxen an Tariffer, déi do gëllen, bezilt.

Du kanns awer och d'Rechnungen an déi zoustänneg lëtzebuergescher Krankekeess aschécken, fir no de lëtzebuergesche Bedéngungen, Tauxen an Tariffer rembourséiert ze ginn.

Mir roden dir, dech bei der zoustänneger Institutioun vum Studieland iwwer d'Konditioune vun der Fleeg a vum Remboursement ze informéieren.

Déngschtleeschter:innen vum Privatsecteur akzeptéieren d'Formularer, déi hei uewendriwwer opgezielt ginn, net. Hei mussen d'Rechnunge bezuelt ginn an de Remboursement ka just bei der zoustänneger lëtzebuergescher Krankekeess ugefrot ginn.

**Fir d'Länner ausserhalb vun der Europäescher Unioun (EU), dem EWR an der Schwäiz, déi NET mat Lëtzebuerg duerch eng bilateral Konventioun gebonne sinn:**

Et handelt sech hei ëm all aner Länner op der Welt, ausserhalb vun der EU, dem EWR an der Schwäiz, déi net mat Lëtzebuerg duerch eng Konventioun verbonne sinn, sou wéi d'USA oder Australien.

D'Rechnungen aus dëse Länner mussen un déi zoustänneg lëtzebuergesch Krankekeess geschéckt ginn a ginn dann no de lëtzebuergeschen Tauxen an Tariffer rembourséiert, ënner der Bedéngung, dass dës Tariffer d'Käschten decken.

Fir dass d'Rechnunge kënne rembourséiert ginn, mussen se:

- bezuelt sinn,
- detailléiert (a medezinesch an net codéiert Ausdréck) sinn,
- an enger vun de follgende Sproochen ausgestallt sinn: Englesch, Franséisch oder Däitsch.

D'Käschte fir medezinesch Servicer a Spidoldéngschtleeschtunge kënne vun engem Land an dat anert ganz ënnerschiddlech sinn a souguer däitlech méi héich ausfale wéi zu Lëtzebuerg. Et kann also en Ënnerscheed ginn tëscht

den tatsächleche Käschten an dem Remboursement vun der CNS - dëst zum Nodeel vun de Versécherten. Wann een sech an engem vun dëse Länner ophält, ass et dofir vu Virdeel, sech zousätzlech ze versécheren. Natierlech ass et och hei vu Virdeel, sech och op der Plaz selwer bei de Sozialversécherungsorganisatiounen iwwer de Fonctionnement vum Gesondheetssystem oder d'Fleegekäschten ze informéieren.

**Weider Informatioune fënns du ënnert follgendem Link:**

CNS:

cns.public.lu/de/assure/droits-demarches/protection-sociale-etranger/etudier-a-etranger.html

CSL Broschür:

https://www.csl.lu/app/uploads/2023/11/csl_acel_sante_2023_lu_web_20231124.pdf

## Follgend Informatioune bezeien sech op eng Affiliatioun bei der CMCM:

Déi gréisst Mutuelle zu Lëtzebuerg, déi keng Assurancëgesellschaft per se ass, ass d'Caisse Médico-Complémentaire Mutualiste (CMCM). D'CMCM gëllt als Zousazzu der gesetzlech virgeschriwwener Krankeversécherung an trëtt bei wichtege medezineschen Agrëffer, Zänndokter a bei Openthalter am Spidol zu Lëtzebuerg souwéi am Ausland a Kraaft.

D'CMCM-Assistance ass gratis am Basispackage mat dran a bitt e Service am Fall vun enger Erkrankung oder engem Accident am Ausland. Bei engem Spidolsopenthalt iwwert d'Grenzen eraus ass ee bis zu 100.000€ weltwäit ofgeséchert. De Rapatriement op Lëtzebuerg souwéi d'Birgungskäschten sinn illimitéiert mat abegraff. Souguer eng Reesrécktrëttsversécherung ass mat dran.

Wann een d'Garantie PRESTAPLUS ofgeschloss huet, iwwerhëlt d'CMCM d'éischt Klass Zëmmer souwéi de Supplement vun dem:der Dokter:esch a präventiv Medezin. Zousätzlech gëtt och nach d'Garantie DENTA- an OPTIPLUS ugebueden. Dës iwwerhëlt een Deel vun de Käschte vun dem:der Zänndokter:esch, vun Zännimplantater an Zahnspangen, souwéi och bei Bräller, Kontaktlënsen an der Chirurgie Réfractive.

Student:innen, déi wärend hirem Schouljoer am Ausland ambulant musse behandelt ginn, kënnen der CMCM fir ee Remboursement eng Kopie vun der bezuelter Rechnung mat der d'Ofrechnung vun der Gesondheetskeess eraschécken. Fir dem:der Student:in onnéideg administrativ Demarchen ze erspueren, kann dëst och ganz bequeem an direkt via d'CMCM-App eragereecht ginn. D'Bedeelegung vun de Fraisen, déi de:d' Student:in doduerch huet missen droen, gi vun der CMCM iwwerholl.

All Jobstarter:in, deen iwwert sengen Elteren affiliéiert war a sech elo selwer bei der CMCM umellt, kritt dat lafend Joer an dat Joer drop vun der CMCM geschenkt.





# STAGEN

## STAGEN ZU LËTZEBUERG

Den 21. Mee 2020 gouf d'Stagegesetz gestëmmt. Doduerch, dass d'Chamber dëst Gesetz ugeholl huet, huet se de Stagen zu Lëtzebuerg endlech eng legal Basis ginn. Dëst Gesetz reegelt, ënnert wat fir enge Konditioune Stagen zu Lëtzebuerg kënne gemaach ginn. Am Kader vum neien Héichschoulgesetz 2023 koum et dunn zu enger éischter Upassung.

Ënnerscheet gëtt dobäi tëschent zwou Kategorien, nämlech de konventionéierte Stagen (Stages conventionnés), déi een am Kader vu senger Formatioun maachen muss, an de praktesche Stagen (Stages pratiques), déi ee fräiwëlleg mécht.

## STAGËKONVENTIOUN

Och nei ass d'Aféiere vun enger Stagëkonventioun (Convention de stage). Dëst Dokument ass obligatoresch fir Stagen, déi zu Lëtzebuerg gemaach ginn. Bei de Stagen, déi am Kader vun enger Formatioun gemaach ginn (Stages conventionnés), muss dëst Dokument vum Stagiaire sengem Patron a vun der Uni/ Héichschoul ënnerschriwwe ginn. Fir praktesch Stagë muss natierlech just dem Patron an dem Stagiaire hir Ënnerschrëft op dësem Dokument stoen.

Déi genau Informatiounen a Beispill-Konventiounen vun der CSL fënns du op:

www.acel.lu/stagegesetz

Wichteg ze wëssen ass och, dass s du als Student net einfach e:eng Salarié:e op der Stageplaz ersetzen däerfs, zum Beispill wann dës Persoun am Congé ass. E Stage däerf net dozou déngen, eng regulär Aarbechtsplaz ze ersetzen. Ausserdeem ass et obligatoresch, dass s du en Tuteur oder eng Tutrice hues, deen dech wärend dem Stage encadréiert an als Ulafstell fir Froen déngt. Des Weidere bass du als

Student ëmmer accidentverséchert, och wann de Stage net bezuelt ass.

Am Fall vu Problemer oder Ongerechtegkeeten ass d'ITM (Inspection du travail et des mines) zoustänneg, fir d'Konditioune vun dengem Stage ze kontrolléieren. Du kanns dech also bei Problemer, zum Beispill am Fall vun engem Verdacht op Ausnotzung, zu all Moment un si wenden.

## BEZUELUNG

Hei gëtt zwëschent obligatoreschen a fakultative (praktesche) Stagen ënner-scheed.

Obligatoresch Stagë vun der Universitéit oder Héichschoul mussen ab enger Dauer vu 4 Woche mat 30% vum Mindestloun remuneréiert ginn.

Praktesch Stagen ab enger Dauer vu 4 Woche bis 3 Méint gi mat 40% vum Mindestloun bezuelt Praktesch Stagë mat méi wéi 3 Méint gi mat 75% vum Mindestloun bezuelt.

Praktesch Stagen dierfe maximal eng Dauer vu 6 Méint beim selwechte nämmlechte Patron hunn.

Zousätzlech gi Stagen, déi innerhalb vun engem akademesche Joer beim selwechte Patron stattfannen, esou bezuelt wéi wann se ee ganzt wieren. Dat heescht konkret, dass wann een en zweete Stage mëscht, ee réckwierkend muss fir den éischten entlount ginn.

D'Indemnisatioun bezitt sech op de Mindestloun (S.S.M) deen zum Moment vum Stage festgeluecht ass. Wann een nom erfollegräichen Ofschloss vun engem éischten Zyklus vun enger Héichschoul, e praktesche Stage mécht, gëtt als Referenz de Qualifizéierte Mindestloun geholl.

Wichteg ass och ze ernimmen, dass et d'Méiglechkeet gëtt, eng Ausnam beim Aarbechtsministère unzefroen, fir net bezuelt ze ginn. Dëst ass heiansdo eng Conditioun vun der Uni oder Héichschoul, besonnesch am Kader vu bestëmmte Stagen.

An deem Fall kann een eng sougenannt "exonération d'indemnisation" ufroen. Dobäi ass et ganz wichteg ze wëssen, dass dës Demande vum Student selwer muss gemaach ginn an net vum Patron. Wann de Patron d'Ufro areecht, gëtt se automatesch refuséiert.

## STAGEN TËSCHT DEM 1. AN 2. ZYKLUS

Weider zwee Punkten déi wichteg ze nennen sinn, sinn éischtens, dass Sagen tëscht dem Bachelor (Zyklus 1) a Master (Zyklus 2) weiderhi méiglech si. Heifir ass zwar just ee Joer virgesinn. Ab dem Zäitpunkt vum Bachelordiplom huet een also ee Joer laang d'Méiglechkeet Stagen ze maachen. Allerdéngs däerf een net méi wéi sechs Méint Stage am Ganze maachen. Dëst gëllt och, wann een e Stage nom Ofschloss am Lycée wëll maachen éier een op der Universitéit/ Héichschoul ufänkt.

An zweetens, wann ee säi Masterdiplom bis an der Täsch huet, däerf een zu Lëtzebuerg kee Stage méi maachen, ausser, wann een an engem Bachelor- oder Masterstudium ageschriwwen ass a wärend senge Studien e Stage, maache muss.

## WEIDER INFORMATIOUNEN

Verschidde Stagë falen net ënnert dëst Gesetz, well dës Stagë schonn an anere Gesetzestexter gereegelt sinn. Dobäi handelt et sech ëm obligatoresch Stagen am Kader vun der Formation professionnelle, Orientéierungsstagen a déi een am Lycée maache muss (Schnupperstagen).

Méi genau Informatiounen zum Stagegesetz fënns du op:

www.acel.lu/stagegesetz

# CHANCEN

# 04




# ERASMUS

En Erasmus+ Semester oder Joer, oft och Auslandssemester oder Auslandsjoer genannt, ass fir vill Student:inne eng eemoleg Geleeënheet, fir international Erfarungen innerhalb vun der EU ze sammelen, eng nei Kultur kennenzeléieren an sech perséinlech weider ze entwéckelen. Mat der richteger Virbereedung gëtt däin Erasmus zu enger onvergiesslecher Erfarung. Dofir fënns du hei déi wichtegst Informatiounen, déi dir hëllefen, däin Auslandssemester esou entspaant wéi méiglech ze organiséieren.

## VIRBEREEDUNG AN UMELDUNG

D'Bewerbung fir en Erasmus-Austausch leeft normalerweis iwwer d'Uni, op deier s du zu dem Zäitpunkt ageschriwwe bass. Déi meescht Universitéiten hunn intern Deadlinen, déi oft scho 6 bis 12 Méint virum eigentlechen Openthalt leien. Informéier dech fréi iwwer d'Partneruniversitéiten, och host university genannt, also d'Universitéite fir déi deng Uni en Erasmus+ Programm ubitt, souwéi d'Bewerbungsprozeduren an déi néideg Dokumenter. Dozou gehéieren dacks e Motivatiounsbréif, däin Transcript of Records an de sougenannte Learning Agreement, an deem festgehale gëtt, u wéi enge Coursen du an denger Erasmusuniversitéit deelhuele wäerts.

## FINANZIELL ËNNERSTËTZUNG

Iwwer Erasmus+ kriss du normalerweis eng finanziell Ënnerstëtzung, déi jee no Destinatiounsland an Dauer vum Openthalt variéiert. Déi kriss de allerdéngs nëmme wann deng host university an Europa ass. Dës Bourse deckt meeschtens net all Käschten of, mee hëlleft bei Logement, Reesen an den deeglechen Ausgaben. Fir eng Erasmus+-Bourse unzefroen, leeft de Prozess normalerweis iwwer deng Heemuni an net direkt iwwer d'Erasmus Plattform selwer. Vun hier hänkt et och oft ob a wéi vill Bourse s du kriss. Soubal s du fir eng Austauschplaz nominéiert bass,

kriss du vum International Office oder dem Erasmus-Koordinator vun denger Uni all déi néideg Informatiounen an Dokumenter. Dobäi ass et och wichteg ze bedenken, dass s du als Student aus Lëtzebuerg, jee no Situatioun, och weider vun nationale Studienhëllefe profitéiere kanns.

## LOGEMENT

Vill Partneruniversitéiten bidde Studentewunnengen un oder Hëllef bei der Sich no engem Ënnerdaach. Trotzdeem solls du dech esou fréi wéi méiglech drëms këmmeren, besonnesch wann s du an eng populär Studentestad gees. Privat Wunnen, Studentenresidenzen oder WG'e sinn déi heefegst Optiounen.

## AKADEMESCHT LIEWEN

D'Unterrechtsformen an d'Bewäertung kënnen sech staark vun deem ënnerscheeden, wat s du vun denger Heemuni gewinnt bass. A verschiddene Länner gëtt vill Wäert op kontinuéierlech Evaluatioun geluecht, anerer setzen éischter op grouss Semesterexamen. Et lount sech also, sech fréi mam System vun der Gaaschtuni vertraut ze maachen.

## ALLDAG AN INTEGRATIOUN

Bal all Universitéiten hunn eng lokal Erasmus Student Network-Grupp (ESN), déi Excursiounen, Partien a kulturell Aktivitéiten organiséiert. Dat ass eng super Méiglechkeet, fir séier aner international Student:inn:e kennen ze léieren an sech an der neier Ëmgéigend doheem ze fillen.

## PRAKTESCH TIPPS

Vergiess net, virum Depart deng europäesch Krankekeesskaart a wichteg Dokumenter ze organiséieren, mee eventuell och néideg administrativ Prozeduren ze plangen. Eng gutt Virbereedung mécht den Ënnerscheed aus, a léisst dech däin Erasmus-Abenteuer vun der éischter Minutt u genéissen.

## ERASMUS+- PROGRAMM ALS REZENT DIPLOMÉIERTEN

Diploméierter, déi rezent hir Beruffsausbildung oder Héichschoul ofgeschloss hunn, an op der Sich no engem Stage an enger Firma am Ausland sinn, kënnen och iwwert den Erasmus+ Programm eng Bourse ufroen. Dës Stagen erlaben et rezenten Diploméierte vun enger éischter Beruffserfarung am Ausland ze profitéieren. D'Conditioune sinn dass de Stage muss an engem Land stattfannen dat een anert ass, wéi dat wou den Diploméierte wunnt, gewunnt oder studéiert huet. De Stage muss an deenen éischten 12 Méint nom Secondairesofschloss, respektiv Héichschoulofschloss stattfannen. De Stage ka fir Diploméierter, déi rezent hir Beruffsausbildung ofgeschloss hunn, 10 Deeg bis 1 Joer daueren. Fir Héichschouldiploméiert ass d'Dauer vum Stage tëscht 2 an 12 Méint. De Stage kann sech och un engem hybride Modell orientéieren a mat enger virtueller Aktivitéitsperiod kombinéiert ginn. Wann du als rezenten Diploméierten un engem Erasmus+ Stage intresséiert bass, kontaktéiert däi Lycée oder deng Héichschoul.

Méi Informatiounen iwwert den Erasmus+-Programm fënns du hei:

https://erasmus-plus.ec.europa.eu/de





# STUDIUM MAT BEANTRÄCHTEGUNG

## INFO-HANDICAP : WEE SI MIR A WAT MAACHE MER ?

Info-Handicap – Conseil national des personnes handicapées ass déi zentral Ulafstell an den Nationale Rot fir Mënsche mat Beanträchtegungen.

Zënter 1993, representéiert Info-Handicap d'Rechter vu Mënsche mat Beanträchtegungen op nationalem an internationalem Niveau a bréngt déi betraffe Leit duerch seng méi wéi 60 Member-Associatiounen zesummen.

Eise Centre national d'information et de rencontre du handicap bitt Informatiouns- a Berodungsservicer un, entwéckelt Projeten am Beräich vun der Accessibilitéit, organiséiert Formatiounen a mécht Sensibiliséierungsaktivitéiten.

Eise Motto ass: "Näischt iwwer eis, ouni eis!". Mënsche mat Beanträchtegunge sinn aktiv an eisen Aktivitéiten a Projeten involvéiert. Eist Zil ass eng inklusiv Gesellschaft, déi keen zeréck léist.

Jidderee kann Info-Handicap kontaktéieren! Mënsche mat oder ouni Beanträchtegung souwéi Familljememberen, Persounen aus dem Ëmfeld, Patronen, Fachleit aus dem Educatiounsberäich an all interesséiert Persoun.

Eis Missioun ass et do ze si fir Mënsche mat enger Beanträchtegung. Hiert Ëmfeld an all interesséiert Leit, an eng inklusiv Gesellschaft ze ferderen.

## INFO-HANDICAP, DEN NATIONALE ROT FIR MËNSCHE MAT BEANTRÄCHTEGUNGEN, ASS WÉI FOLLEGT ORGANISÉIERT:

Info-Handicap ass eng Associatioun déi de Moment méi wei 60 Member-Associatiounen huet.

De Verwaltungsrot besteet aus Vertrieder vu senge Memberen. Hie gëtt vun de Membere gewielt an hëlt wichteg strategesch Entscheedungen.

D'Direktioun an d'Ekipp schaffe fir d'Entscheedunge vum Verwaltungsrot ëmzesetzen.

## D'AARBECHT VUN DER EKIPP BASÉIERT OP VÉIER PILIERE

**Informatioun a Berodung:**

Mir informéieren a berode Mënsche mat Beanträchtegungen, hiert Ëmfeld an all déi, déi no Informatioun sichen (z.B. Aarbecht, Educatioun, Transport, Accessibilitéit, Tutelle a Curatelle,...)

**Accessibilitéit :**

Mir engagéieren eis fir Accessibilitéit an alle Beräicher vum Liewen (z.B. Infrastruktur, Digital, Tourismus, Kultur, Transport, Kommunikatioun,...)

**Formatiounen :**

Als "Centre de formation continue agréé", bidde mir Formatioune fir d'Ëffentlechkeet un, mam Zil, eng gutt Begéinung, Interaktioun a Kommunikatioun mat Mënsche mat Beanträchtegungen ze férderen.

**Sensibiliséierung:**

Mir kommunizéieren iwwer all déi wichteg Aktivitéiten a Projete vun Info-Handicap, senge Memberen a senge Partner (z.B. an eiser Zäitschrëft "De Bulletin", op eiser Websäit an an eisem Newsletter "Newsflash"). Mir organiséieren och Informatiouns-, Austausch- a Sensibiliséierungs-Evenementer.



## WIEN KANN EIS KONTAKTÉIEREN ?

- Mënsche mat Beanträchtegungen
- Familljememberen a Leit aus dem Ëmfeld
- Patronen a Aarbechtskolleegen
- Professioneller aus verschiddene Secteuren (z.B. Gesondheet, Justiz, Medien, Educatioun,...)
- All interesséiert Leit

## WÉI KËNNE MER IECH HËLLEFEN?

Dir kënnt eis all Froen am Zesummenhang mam Thema Beanträchtegung stellen. Mir kréie ganz oft Froen iwwer Aarbecht, Educatioun an Accessibilitéit. Eis Expertise erlaabt eis déi verschidde Prozeduren, Hëllefsmëttel, Servicer an existéierend Strukturen ze erklären.

Eist Zil ass et, eng komplett an ëmfaassend Informatioun ze bidden, fir de Leit ze erméiglechen, Entscheedungen ze treffen, déi hinne passend erschéngen – an dat a voller Kenntnis vun de Saachen. An e puer Fäll kënne mir och eng juristesch Consultatioun organiséieren.

Mir sinn do fir ze hëllefen: séier, einfach, individuell a vertraulech.

**Wéi kënnt dir eis kontaktéieren ?**

Info Handicap
Conseil national des personnes handicapées

Telefon: 366 466
E-Mail: info@iha.lu
Op der Plaz: mat Rendez-vous



# DOKTORAT

Och wann déi meescht Student:innen spéitstens nom Master op der Uni ophalen, fir sech an d'Beruffsliewen ze integréieren, hues du och d'Méiglechkeet, nach weider op der Uni ze bleiwen, fir dech an dengem Fach weider ze spezialiséieren. Hues du Loscht, nei Saachen ze entdecken, neit Wëssen ze schafen oder dech méi déif mat enger bestëmmter Thematik auserneenzesetzen? Da kann en Doktorat genau dat Richtegt fir dech sinn.

Den Doktorat (PhD) ass déi héchst akademesch Qualifikatioun, déi een op enger Uni erreeche kann. Et besteet doran, iwwer e puer Joer un engem spezifesche Fuerschungsprojet ze schaffen an nei wëssenschaftlech Erkenntnisser ze gewannen. An der Reegel dauert en Doktorat ronn 3 bis 4 Joer. Um Enn ginn d'Resultater an enger Dokterthees zesummegefaasst a bewäert.

Dobäi bass du als Doktorand:in Deel vun engem Fuerschungsteam a schaffs enk mat enger Betreiungspersoun (Supervisor) zesummen, déi dech duerch däi Projet begleet. En Doktorat gëtt meeschtens op enger Universitéit oder an Zesummenaarbecht mat enger Fuerschungsinstitutioun gemaach, kann awer och an enger privater Entreprise stattfannen.



Am Kader vun engem Doktorat gëss du an der Reegel fir deng Aarbecht bezuelt, soudass e passend Finanzement néideg ass. Et ginn dofir verschidde Méiglechkeeten, wéi zum Beispill Stipendien oder Boursen, déi vun Universitéiten oder Fuerschungs-institutiounen ugebuede ginn, oder eng direkt Finanzéierung duerch eng Institutioun oder eng privat Entreprise.

En Doktorat ass e längerfristegt Engagement a soll gutt iwwerluecht sinn. Et ass recommandéiert, sech net nëmmen op eng eenzeg Recommandatioun ze verloossen, mee sech och selwer breet z'informéieren – zum Beispill iwwer Fachliteratur, online Plattformen oder am Austausch mat aneren Doktorand:innen.

Zu Lëtzebuerg spillt de FNR (Fonds National de la Recherche) eng wichteg Roll an der Ënnerstëtzung vun der Fuerschung an och vun Doktorand:innen. De FNR bitt ënner anerem Finanzéierungsméiglechkeeten a Programmer un, déi et erlaben, en Doktorat ënner gudde Konditiounen ze maachen.

Wann s du dech fir en Doktorat interesséiers, ass et wichteg, dech fréi iwwer d'Méiglechkeeten, d'Viraussetzungen an d'Finanzéierung z'informéieren.

Fir méi detailléiert Informatiounen iwwert Doktorater an d'Roll vum FNR, kanns du dech um studenteguide.lu an um fnr.lu weider informéieren.

Méi Informatiounen iwwert en Doktorat fënns du hei:

https://www.fnr.lu



# Tageblatt
LËTZEBUERG

## Sichere dir dein
## KOSTENLOSES STUDENTENABO!

## BLEIB INFORMIERT, GANZ UNKOMPLIZIERT!

SCAN ME




Jetzt anmelden
**ABO.TAGEBLATT.LU/STUDENT**

Op der sich no enger

# AARBECHT

oder engem

# STAGE?



# Job Portal

...

op jobs.acel.lu

ACEL
de Studentevertrieder

de Studentevertrieder

**WEIDER INFORMATIOUNEN:**

Hues du net dat fonnt wat s du gesicht hues?

Kee Problem! Schreif eis einfach eng Mail a mir kucken dir sou séier wéi méiglech op deng Fro ze äntweren oder dech un déi richteg Persoun weider ze leeden.


www.acel.lu

contact@acel.lu

ACEL-De Studentevertrieder

@acelluxembourg

acelluxembourg

ACEL-De Studentevertrieder



Seuls les textes légaux font foi (Mémorial A, Code du Travail).

Les informations contenues dans la présente publication ne préjudicient en aucun cas à une interprétation et application des textes légaux par les administrations étatiques ou les juridictions compétentes.

Le plus grand soin a été apporté à la rédaction de cette brochure. L'éditeur ou l'auteur ne peuvent être tenus responsables d'éventuelles omissions ou erreurs dans le présent ouvrage ou de toute conséquence découlant de l'utilisation des informations contenues dans la présente publication.

# The bridge to your freedom

SPUERKEESS.LU/**axxess**






## Ta carte
## Ton compte
## Tes avantages

**STUDY**
Pour les étudiants de 18 à 30 ans

axxess

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome, R.C.S. Luxembourg B30775, 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, Tél. : +352 4015-1